



Dageszeitung eleng en Artikel iwwert dat, wat ee Sécherheetsfirma nennt. Dat sinn déi Firmen, déi een hält, fir bei Evenementer oder och eventuell bei Etablissementer Leit ze kontrolléieren, besonnesch eventuell och fir den Accès zu Evenementer, zu Etablissementer.

An do sinn eng Rei Froen opgeworf gi respektiv ass gemengt ginn, datt do Grozone bestinn, wat déi Firma respektiv dat Personal kéint genau maachen. Duerfir - bon, ech weess et net -, ech hunn e puer Froen, de Kollege Fayot huet och an deemselwechte Kontext vläicht dann nach zousätzlech Froen.

Zum enge wier meng Fro: Ënner wat fir eng Gesetzgebung falen déi Firmen? Ass dat einfach en Etablissement, also eng einfach Autorisation d'établissement? Sinn dat Firmen, déi ënnert de Gardiennage falen, oder Firmen, déi ënnert de Persouneschutz eventuell falen?

An dann och, wat se genau, déi Firma respektiv dat Personal, dierfe maachen. Am Medezinberäich géif ee soen: Wat fir eng Akten dierfe se maachen? Dat heescht, kënnen se och zum Beispill Fouille-corporellë maachen? Dierfe se och zum Beispill eng Carte d'identité, also e Personalausweis, kontrolléieren?

Dann nach eng drëtt Fro an deem Kontext: Ginn déi Firmen och kontrolléiert, ob se dat an-hale respektiv sinn och scho Problemer signaléiert gi mat Firmen hei zu Lëtzebuerg? Wéi gesot, deem Artikel de leschte Samschdeg huet dat awer esou zum Deel duergestallt, datt do Problemer mat där enger oder där anerer Firma wieren. An ob dat dann och dem Minister bewosst ass a wat fir eng Problemer dat wieren. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Berger. An d'Wuert huet direkt de Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Jo, Merci, Här President. Jo, den Eugène Berger huet u sech schonn, ech mengen, de Kader situéiert och vu menger Fro. Duerfir wëll ech just nach meng zousätzlech Froen vläicht derzou stellen.

Et ass, mengen ech, jo offensichtlech, dass déi Sécherheetsfirma Schmitt, ëm déi et jo hei geet, u sech an deem événementielle Beräich eng Aktivitéit ausüübt, wou een net ganz sécher ass, ob se ënnert d'Gesetz vun 2002 iwwert de Gardiennage an iwwert d'Surveillance drënnerfält. Dat huet een och gesinn am Kader vun där Gerichtsaffär, déi am Mee gesprach ginn ass en rapport mat där Entreprise, wou u sech d'Défense jo gesot huet: „Mir maa-che just Accueil vun de Persounen. An dat fält net ënnert d'Gesetz vun 2002.“

Dat heescht, dofir ass meng Fro: Gesäit de Minister dat och esou, dass deem „Événementiel“, dat heescht déi Aktivitéiten, déi déi Firma mécht bei Evenementer wéi Rock um Knuedler oder Rock-A-Field oder op der Schueberfouer, dass dat effektiv net ënnert dat Gesetz fält?

A wann dat esou ass, ass de Minister net der Meinung, dass déi Aktivitéit justement och misst drënnerfalen? Well mer et jo awer hei och ze dinn hu mat engem Maintien de l'ordre, dat heescht, awer mat enger Aktivitéit, déi gewësse Risiko matbréngt a wou ee kéint der Meinung sinn, dass se au même titre wéi de Gardiennage an d'Surveillance, wéi se fir de Moment encadréiert sinn an deem Gesetz, misst ënnert déiselwecht Kontroll falen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Fayot. D'Wuert huet den Här Justizminister, de Félix Braz.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här Président. Merci och deenen zwee Deputéierte fir déi Fro, déi mer och d'Geleeënheet gëtt, eng Rei Saache kloerzestellen.

D'Aktivitéiten, déi hei beschriwwen gi sinn, déi falen als Éischt ënnert d'Loi iwwert den Etablissement vun 2011. Et ass u sech den Droit commun. An déi Genehmegung muss all Sociétéit hunn, ier se därëf aktiv ginn.

Doriwwer eraus muss se och eng Genehmegung hunn opgrond vum Gesetz vun 2002 iwwert de Gardiennage an och iwwert d'Surveillance. Dat Gesetz limitéiert véier Aktivitéiten, fir déi een déi Genehmegung brauch. D'Gesetz ass also a mengen Aen net onkloer. D'Gesetz seet kloer, wéi eng Aktivitéiten dass dat sinn. Et muss ee sech just drun halen.

Déi Aktivitéite sinn: éischtens, d'Surveillance vun de Biens mobiliers et immobiliers; zweetens, d'Gestion vu Centres d'alarme, wann Der zum Beispill doheem eng Alarmanlag hutt an Dir hänkt bei enger Sécherheetsfirma direkt um zentrale Computer. Fir esou eng Aktivitéit brauch een déi Genehmegung. Et brauch een déi Genehmegung fir den Transport de fonds et de valeurs. An et brauch ee se fir d'Protection de personnes.

Zwou Saache mussen agréiert ginn: éischtens, d'Firma selwer; zweetens, och all eenzelnen Agent, deem an där Firma schafft, well och do Kontrolle gemaach ginn am Justizministère, nottamment ob déi Leit e Casier hunn oder net. Et sinn also souwuel d'Firma wéi déi eenzel Agenten, déi kontrolléiert ginn.

Wat net ënnert d'Gesetz fält, dat sinn déi sougenannten Aktivitéiten - wéi Dir se och selwer genannt hutt - vum „Événementiel“. Dat limitéiert sech am Fong awer op e Contrôle d'accès. De Contrôle d'accès, deem därfe se maachen, ouni d'Genehmegung ze hunn. Wa se awer beispillsweis am Fall vun engem Concert nom Concert, wann d'Leit fort sinn, nach e bësse méi laang bleiwen, fir och nach d'Geschir, wat do ronderëmsteet, am A ze behalen, dofir brauche se eng Genehmegung, well da si mer mat zwee Féiss am Cas de figure vum Gardiennage. Et ass also wichtig ze kucken, wat genee d'Aktivitéit ass, fir erauszefannen, ob se déi Genehmegung hunn (veuillez lire: mussen hunn) oder net.

Dir hutt d'Fro och gestallt, et war den Här Berger, no der Fouille corporelle. Déi Fro, déi gëtt net beäntwert am Kader vum Gesetz iwwert de Gardiennage. Hätt een dat gemaach, da wieren et praktesch scho Policiers auxiliaires ginn, wann een hinnen e verbréifent Recht iergendwou ageschriwwen hätt, dat do ze maachen. Dat Recht hu se awer net. Si hunn net méi Rechter wéi iergendeen anere Bierger och.

Wa se awer wëllen eng Posch kontrolléieren oder eng Plastikstut kontrolléieren, well do eventuell kéinte Saachen dra sinn, déi eng Gefor kéinten duerstellen am Kader vum Concert, dann därëf de Concertsbesicher déi Kontroll refuséieren, mä e muss dann natierlech erwaarden, dass en den Accès zum Concert och refuséiert kritt. Et ass also op der Basis vun der Fräiwëllegkeet, wou een eng Fouille corporelle an deem Fall matmécht.

Mä déi, déi de Contrôle d'accès maachen, kënnen eventuell eng Identitéit kontrolléieren, wann een eng Lëscht vun Invitéen huet, fir ze präiwen, ob déi Persoun och tatsächlech op der Lëscht ass oder net. An aus Sécherheetsgrënn kann och kontrolléiert ginn, ob déi Leit iergendwelch Saachen derbäi hunn, déi kéinten eng Gefor duerstellen.

Mä mir bewegen eis kloer am Beräich vun der Fräiwëllegkeet, well de sougenannte Sécuritétsagent, deem net ënnert d'Gardiennagesetz fält, deem därëf net méi wéi e Bierger, dat heescht, de légitime défense oder opgrond vum Artikel 43 vum CIC eventuell een, deem en flagrant délit erwëscht ginn ass, zréckhalen, bis d'Polizei komm ass. Dat därëfen déi Leit, esou wéi all Bierger dat och därëf. Si hu mat Sécherheet net méi Rechter.

Et ass also wichteg, dat doten ze preziséieren. Et gouf och scho rezent eng Condamnatioun, well eng Firma sech net un d'Gardiennagesetz gehalen huet an Aktivitéite gemaach huet, déi genehmegungsflichtig waren, déi also iwwert den Événementiel erausgaange sinn. D'Strofen dozou stinn am Gardiennagesetz selwer. Dat ka goe vun aacht Deeg bis zu engem Joer Prisong a Geldstrofe vun 251 bis 250.000 Euro.

A fir op déi lescht Fro och ze äntwerten, wann een d'Gesetz géif ausbaue wëllen an eventuell d'Aktivitéit vum Événementiel an d'Gardiennagesetz matophuelen, da muss ee sech bewosst sinn, do sti Konditiounen am Gesetz: Et muss een e Minimum vun Déngschartoen hunn, et muss ee wéinstens 15 Leit mat engem Contrat de travail beschäftegt hunn an et muss een och e Central sécurisé hunn.

Ob dat wierklech proportional ass zu enger renger Événementielsaktivitéit, wou ee just e Contrôle d'accès mécht, dat ass d'Fro, déi een da muss beäntwerten. Déi Fro ass net liicht ze beäntwerten, mä d'Gesetz ass kloer. An déi, déi sech net drun halen, déi Gardiennage verwiesele mat Événementiel, maa-che sech strofbar. An et sinn och scho Condamnatiounen ginn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Justizminister. A mir géifen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Et geet ëm de Projet 6711, dee soll d'Distriktskommissären ofschafen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet direkt den honorabelen Här Rapporteur, de Claude Haagen.

## 9. 6711 - Projet de loi portant abolition des districts, modifiant

**1. la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;**

**2. le Code pénal;**

**3. la loi du 28 décembre 1883 concernant les associations syndi-**

**cales pour l'exécution de travaux de drainage, d'irrigation, etc.;**

**4. la loi du 4 mars 1896 concernant l'expropriation par zone pour cause d'utilité publique;**

**5. la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques;**

**6. la loi modifiée du 28 juin 1976 portant réglementation de la pêche dans les eaux intérieures;**

**7. la loi du 8 décembre 1981 sur les réquisitions en cas de conflit armé, de crise internationale grave ou de catastrophe;**

**8. la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;**

**9. la loi modifiée du 10 août 1993 relative aux parcs naturels;**

**10. la loi modifiée du 31 mai 1999 portant création d'un corps de police grand-ducale et d'une inspection générale de la police;**

**11. la loi du 23 février 2001 concernant les syndicats de communes;**

**12. la loi électorale modifiée du 18 février 2003;**

**13. la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles;**

**14. la loi modifiée du 13 mars 2006 portant fixation du cadre du personnel du service de contrôle de la comptabilité des communes et modifiant la loi du 16 août 1966 portant: a) modification de la loi modifiée du 31 mars 1958 portant organisation des cadres de l'administration gouvernementale; b) organisation des cadres de la trésorerie de l'État, de la caisse générale de l'État et du service de contrôle de la comptabilité des communes et de certains établissements publics;**

**15. la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil;**

**16. la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau;**

**17. la loi modifiée du 18 décembre 2009 organisant l'aide sociale;**

**18. la loi du 25 mai 2011 relative à la chasse;**

**19. la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques;**

**20. la loi du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État et abrogeant**

**1. la loi modifiée du 12 mai 1905 concernant les mesures à prendre contre l'invasion et la propagation du phylloxéra;**

**2. la loi du 15 juillet 1969 portant réorganisation des commissariats de district**

**Rapport de la Commission des Affaires intérieures**

► **M. Claude Haagen (LSAP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6711 huet als Objet - an de President huet et gesot - d'Ofschafe vun der Fonctionioun vun den Distriktskommissären an domadder och vun den Distriktskommissariater.

Mat der Ofschafung vun den Distriktskommissariater wäert natierlech och d'Notioun vum Distrikt selwer verschwannen. Mir hu momentan zu Lëtzebuerg dräi Distriktskommissariater an Distrikter: an zwar Lëtzebuerg, Dikrech a Gréiwemaacher. Dës Distrikter ginn op d'Gesetz vun 1848 (veuillez lire: 1843) zréck iwwert d'Gemengenorganisatioun an iwwert de Fonctionnement vun den Distrikter.

Fir historiesch komplett ze sinn, sollt ee vläicht erwähnen, datt et nieft deenen dräi genannten Distrikter am Grand-Duché fir eng kuerz Zäit vu ronn zéng Joer - vun 1857 bis 1867, Här Graas - och een Distrikt Miersch mat de Kantone Miersch a Réiden gouf. D'Gesetz vun 1848 (veuillez lire: 1843) gouf duerch d'Gemengesgesetz vun 13. Dezember 1988 abrogéiert.

D'Fonctionioun vum Distriktskommissär ass bestoe bliwwen, obwuel et schonn deemools Diskussiounen iwwert d'Ofschafe vun dëser Fonctionioun gouf. Si gëtt also haut iwwert d'Gemengesgesetz definéiert.

D'Missionioun vun den Distriktskommissären kann een no folgende grouse Linnen opdeelen:

- d'Surveillance vun der Gestion vun de Gemengen, déi am Artikel 107 vun der Verfassung steet,

- d'Berodung vun de Gemengen ass eng aner Fonctionioun, déi och zu de Missionen vun den Distriktskommissären gehéiert,

- d'Fonctionioun vun der Police administrative vun den Distriktskommissären, déi aus dem Artikel 114 vum Gemengesgesetz ervirginn an déi d'Garantéiere vun der Sécherheet, der Salubritéit an der ëffentlecher Rou betreffen, souwéi Spezialdispositionen iwwert d'Hygiène vun den Déieren.

Och beim Gesetz vun Dezember 1981 iwwert d'Requisitiounsprozeduren am Fall vun enger Katastroph oder internationaler Kris bis hin zum Conflit armé spillt den Distriktskommissär eng Roll.

D'Distriktskommissären an d'Kommissariater hunn also méi wéi 170 Joer laang eng ganz wichteg Roll an de Relatiounen tëschent dem Stat an de Gemenge gespillt a waren eng wichteg Hëllef fir eben dës Gemengen. Firwat soll dës Fonctionioun also elo ofgeschafft ginn?

**(Mme Simone Beissel prend la présidence.)**

Fakt ass, datt zanter 1848 (veuillez lire: 1843) d'Aarbechte vun de Gemengen, d'Émfeld vun de Gemengen, hir Organisatioun, hir Legislation, hir Obligatiounen vis-à-vis vum Bierger, vum Stat, ganz staark geännert hunn. Och wann d'Fonctionioun vum Distriktskommissär ofgeschafft gëtt, mussen déi Aufgaben awer, déi den Distriktskommissär am Fong selwer bis elo erfëllt huet, an Zukunft vun anere Servicer iwwerholl ginn. Et ass awer am Sënn vun enger Simplification administrative, fir eben dës Aufgaben net méi wéi bis elo am Kader vun tësche-geschaltene Distriktskommissariater ze maachen.

Eis Gesellschaft huet geännert a mat hir - an ech hunn dat gesot - och d'Administratiounen, wa mer nëmmen un d'Informatik an d'Vernetzung tëschent de Bierger an dem Stat denken. D'Aufgab vum Ministère de l'Intérieur huet net fundamental changéiert a si gëtt och net a Fro gestallt mat dësem Projet, loin de là, mä dëse Projet de loi ass ganz kloer esou ze verstoen, fir d'Prozeduren ze vereinfachen, méi séier a man-ner bürokratesch ze maachen.

Fir de Projet de loi, deem hei virläit, bedeit dat, datt d'Referenzen op den Distriktskommissär iwwerall do mussen erausgeholl ginn, wou se an der aktueller Gesetzgebung ze fanne sinn. Nieft villen Émännerunge vu bestehende Gesetzter, wou d'Fonctionioun vum Distriktskommissär involvéiert ass - et sinn am Ganzen 20 Gesetzter -, abrogéiert dëse Projet de loi och zwee weider Gesetzter. Dës Modifikatiounen an d'Ofschafe vun de bestehende Gesetzter fannt Dir am Intitulé vun dësem Projet de loi 6711.

Madame Presidentin, erlaabt mer, kuerz hei op déi legislativ Prozedur anzegoen. Dëse Projet de loi ass den 11. August vum leschte Joer vum Innenminister déposéiert ginn. De Syvicol, d'Chambre des Métiers, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics hunn hir Avisen zu dësem Gesetzestext ofginn; de Statsrot huet säin Avis den 3. Abrëll vun dësem Joer ofginn. D'Kommissionioun huet eng Rei Amendementer opgrond vum Avis vum Statsrot gemaach, an de Statsrot huet säin Avis complémentaire de 25. Juni ginn, wourop dunn den 2. Juli vun dësem Joer de Rapport unanime an der zoustänneger Intérieurskommissionioun ugeholl ginn ass.

De Statsrot souwéi verschidde Chamberen hunn an hiren Avisen d'Veereinfachung vun den administrative Prozedure begréisst an och drop higewisen, datt déi ëmmer méi innovativ informatesch Prozeduren et erméiglecht hunn, d'Approche vun de Relatiounen tëschent dem Stat - also de Ministèren - an de Gemengen ze iwwerdenken. Och wann de Statsrot sech Gedanken iwwert déi zukünfteg Relatiounen tëschent de Gemengen an dem Innenminister mécht, wat besonnesch déi politesch Relatioun an och de Pouvoir public ubelaangt, sou ënersträicht en och, datt den double Contrôle mam Ofschafe vun den Distriktskommissariater bei de Gemengen elo ewechfält. D'Gemenge wäerten och weiderhin hir Autonomie communale behalen.

De Statsrot souwéi de Syvicol bedauern awer och, datt dëse Projet de loi keng Méiglechkeet





preziséiert, fir eng sécherheetsgerecht elektro-nesch Kommunikatiounen tëschent deenen zwou Zorte vun Administratiounen anzeféieren. Eng Plattform um Internet, déi sécherheetskonform ass, wier esou eng Méiglechkeet. An deem Kontext kéint een och elektronesch Archives centralisées fir d'Gemengen ariichten. De Syvicol mentionnéiert a sengem Avis och, datt d'Gemengen elo kee Service de conseil juridique - eng Roll, déi d'Distriktskommissariater jo iwwerholl hunn - méi hunn.

An der zoustänneger Intérieurskommissioun vun der Chamber ass den Innenminister op dës zwou Problematiken agaangen an huet och do Propositione gemaach, déi an Zukunft vum zoustännegen Ministère solle kommen. All dës Propositione sollen och mam Syvicol ofgekläert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Personal vun den Distriktskommissariater souwéi d'Distriktskommissäre ginn an de Ministère de l'Intérieur integréiert. Dëst bedeit natierlech och eng Émorganisatioun um Niveau vun Innenministère, déi et erlaabt, déi verschidde Servicer an Dégenschter, déi de Ministère ubitt, ze verbessern. Dëse Projet de loi ass deemno als eng éischt Etapp vun enger méi grondleeënder Reform am Innenministère unzegesinn, déi deenen heitege Realitéiten entsprécht an déi d'Relatiounen tëschent dem Ministère an de Gemengen - an ech hunn et scho gesot - méi einfach a méi effizient wäert maachen.

Madame Presidentin, eng Suerg vun der Regierung a vun der Chamberskommissioun war et, datt d'Distriktskommissären an d'Personal aus den Distriktskommissariater no hirer Reintegratioun an den Innenministère keen Nodeel an hirer Carrière doduerch hätten. Mam Ofschafe vun den Distriktskommissäre mussen och d'Referenzen op dës Fonctioun aus dem Gesetz vum 25. Mäerz vun deem Joer iwwert d'Gehälter an d'Avancementer vun de Statsbeamte gestrach ginn, Gesetz, wat jo bekanntlech den 1. Oktober vun deem Joer a Kraaft trëtt.

Et ass esou, datt d'Gesetz no der Gehälterreform virgesäit, datt d'Distriktskommissäre souwéi och all aner Statskommissäre vum Grad 16 an de Grad 17 kommen. E Problem ergëtt sech doraus, datt et de Grad 17 an der Carrière vum Attaché de Gouvernement, also der Carrière, an där déi aktuell Distriktskommissäre sech nom Akraafttriede vun deem Gesetz erëmfannen, net gëtt.

De Statsrot hat gemengt, datt d'Distriktskommissäre missten an d'Carrière vum Conseiller de Gouvernement kommen, ebe fir näischt ze verléieren, huet awer och gläichzäitig erkläert, datt hien an deem Fall misst eng Opposition formelle ausschwätzen, well d'Conseillers de Gouvernement vum Grand-Duc genannt ginn an en Transfert per Gesetz an dës Carrière net méiglech ass.

D'Chamberskommissioun huet decidéiert, den initiale Gesetzesprojet esou ze änneren, datt dat Gesetz, wat mer haut hei stëmmen, den 3. Oktober vun deem Joer a Kraaft trëtt. Dat bedeit, datt d'Distriktskommissären nach vun deem neie Klassement am Grad 17 ab dem 1. Oktober profitéieren. An den Artikel XXII vun deem Projet de loi gesäit ausdrécklech vir, datt fir si och an Zukunft dat Gehalt an déi Avancementsbedéngunge weiderbestinn, déi si virum 3. Oktober haten.

Doriwwer eraus sief drun erënnert, datt d'Distriktskommissären op Liewenszäit genannt sinn; och dee Virdeel solle si an Zukunft behalen. Den Artikel XXII hält deemno fest, datt si net ënnert d'Bestëmmunge vum Gesetz vum 9. Dezember 2005 iwwert d'Nominatioun vun Beamten op Fonctions dirigeantes falen.

Wat déi aner Beamte vun den aktuellen Distriktskommissariater betrëfft, sou gi si am Innenministère an der Verwaltung integréiert. Den Artikel XXIII garantéiert, datt och si keng Carrièresnodeeler duerch dësen Transfert hunn. Falls hir Konditiounen a Carrièreperspektive virum Akraafttriede vun deem Gesetz méi favorabel ware wéi an hirer neier Carrière, da bleiwen déi méi gönschteg Konditiounen erhalen.

Kolleginnen a Kollegen, wéi mer iwwert d'Modifikatiounen vun enger Rei vu Gesetzter an der Chamberskommissioun diskutéiert hunn, wou iwwerall d'Referenzen op d'Distriktskommissären an d'Distriktskommissariater mussenerausgeholl ginn, si geleeëntlech och aner Iddien an der Intérieurskommissioun opkomm, fir ebe vun dëser Geleeënheet ze profitéieren, fir aner Verbesserungen ze maachen.

Ech wëll just kuerz op zwee Punkten agoen: Ee Punkt, deen an der Kommissioun ugeschwat gi

war, war den Zoustännekeetsberäich vun de Fëscherpermisen. Den Innenminister huet an dëser Diskussioun op d'Waasserwirtschaftsamt verweisen, wou een driwwer nodeinkt, fir d'Demande vum Fëscherpermis iwwert den elektronesche Wee ze maachen, esou datt déi concernéiert Leit sech net méi brächten ze déplacéieren.

Am initiale Gesetzesprojet war doriwwer eraus virgesinn, eng Ännerung virzehuelen, wat d'Mietkommissiounen an de Gemenge betrëfft. Nodeem besonnesch kleng Gemengen op Problemer gestouss sinn, fir Mietkommissiounen ze besetzen, war 2006 beschloss ginn, datt Gemenge mat manner wéi 6.000 Awunner a méi groussen Entitéiten zesummegeleuecht géife ginn a just nach eng gemeinsam Mietkommissioun géife stellen. An der Praxis huet dat awer net ëmmer geklappt, soudatt den initiale Projet de loi hei proposéiert hat, erëm op deen ale System zrëckzekommen, wou all Gemeng onofhängeg vun hirer Gréisst eng Loyerskommissioun, also eng Mietkommissioun misst hunn.

Problemer gouf et do allerdéngs bei de Bestëmmunge fir d'Iwwergangsphas bis déi nächst Gemengerotwahlen. De Statsrot konnt dat esou net acceptéieren an huet iwwerdeems kritiséiert, datt hei een eenzelnen Aspekt an dee Projet de loi mat erageholl ginn ass, dee mam Objet vun eben deem Projet de loi 6711 näischt ze dinn huet.

Am Kader vun den Amendementer huet d'Chamberskommissioun dofir op dës Ännerung vum Bail-à-loyers-Gesetz verzicht an huet sech drop beschränkt, och an deem Gesetz d'Referenzen op d'Distriktskommissären erauszehuelen.

Wéi gesot, ech beschränke mech hei just op déi zwee Punkten, déi mer an der Kommissioun do erimmt hunn. All weider Detailer zu deem Projet de loi kënn Der a mengem schrëftleche Rapport fannen.

Ech denken, datt ech am Numm vu jiddwerengem heibanne souwéi am Numm vu sämtleche Gemengen den Distriktskommissariater Merci ka soe fir déi gutt Aarbecht a Kollaboratioun, déi si an deene leschten 170 Joer geleescht hunn. Am Sënn vun der Simplification administrative a well d'Gemengewelt an d'Gemege-nadministratioun geännert hunn, ass d'Integratioun - an domadder d'Verschwanne vun den Distriktskommissariater - an den zoustännegen Innenministère eng sënnvoll Prozedur, déi der heiteger Realitéit Rechnung dréit.

An deem Sënn ginn ech natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deem Projet de loi a soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Rapporteur Claude Haagen. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

► **M. Gilles Roth** (CSV). - Merci, Madame Presidentin. Ech soe fir d'Éischt dem Kolleeg Claude Haagen Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Bericht.

Mir schafen effektiv mat deem Gesetzesprojet d'Distriktskommissariater of. Dat ass eng ganz al Institutioun: 170 Joer. An d'Distriktskommissäre gouf et schonns virun der aktueller Verfassung vun 1868. Si goufen deemools 1843 als sougenannten „Vertrieder vum Roi Grand-Duc“ agesat a si haten opgrond vun hirer Funktioun eigentlech och ëmmer e ganz héicht Usehe bei de Leit dobaussen, net zulescht, well der vill vun hinnen och ëmmer nach eng Funktioun am Statsrot iwwerholl hunn. An duerfir ware se och ëmmer als wichtegen Intermédiaire tëschent de Gemengen an dem Stat ugesinn.

Si waren also, wéi muencheree géif soen, „net keen“. An elo schäfe mer se einfach haut de Mëtten of. Ech wëll awer ganz kloer soen: D'CSV steet voll zu dem Ofschafe vun den Distriktskommissariater, an dat aus enger Rei vun Ursachen:

Éischstens wëlle mir eng administrativ Vereinfachung. D'Kommunikationstechnologie vun haut sinn anerer wéi déi vun 1843 an de Postwee vu Wäisswampech bis an d'Stad, dat ass haut een aneren: Fréier war et d'Postkutsch, haut ass et an der Regel een Dag, a mat dem E-Mail geet et nach vill méi séier.

An ech mengen, dass an deem Sënn och de Passage obligé vun dem Courrier tëschent dem Stat an de Gemenge mat der faméiser Formel «à l'attention du Ministre de l'Intérieur par l'intermédiaire du commissaire de district», mat enger Regeldauer vu fënnf Deeg oder méi, e bësse vereelt ass.

Zweetens: Fir d'Ofschafe vun den Distriktskommissariater plädéiert och de System (veuillez lire: de System ouni Distriktskommissär), deen haut schonns ouni Weideres applizéiert gëtt

tëschent der Stad Lëtzebuerg an dem Innenministère, an dee gëtt haut elo ganz einfach op d'ganz Land ausgeweit.

Eng drëtt Ursach fir d'CSV ass och déi, dass se d'Ofschafe vun den Distriktskommissariater an hirem Wahlprogramm stoen hat, allerdéngs mat enger klenger Nuance: Mir hate virgeschloen, dass am Kontext vun enger Reform vun der Gemengenopsicht - also der Tutelle administrative - duerch de Stat de Contrôle tutélaire duerch eng separat Verwaltungs- oder Servicestruktur am Innenministère sollt duergéfuert ginn.

Madame Presidentin, d'CSV ass der Meenung, dass parallel zur Ofschafung vun den Distriktskommissariater eng Rei Verännerungen an dem Zesummespill tëschent dem Stat an de Gemengen trotzdem musse gemaach ginn. Eist Land brauch ee bessert Mateneen tëschent dem Stat an de Gemengen. Dat spillt op politeschem Niveau, mä et zielt awer och op administrativem Plang.

D'Kommunikatiounsprozeduren tëschent dem Stat an de Gemenge mussen an deem Sënn vereinfacht ginn. Mir mussen e geséichert elektronesch Iwwermëttel vun den Dossierien tëschent dem Stat an de Gemengen zustane bréngen. Eng Gemeng muss och zu jiddwer Zäit kënnen novollzéien, wou e Genehmigungsossier drun ass. Dat ass net zulescht och am Interess vun dem eenzelne Bierger. An domat géif och vermidde ginn, wéi dat bis elo des Éfteren awer nach ëmmer virkënnt, dass Dossierien an hirem Passage duerch d'Verwaltung ganz einfach verluer ginn.

Madame Presidentin, d'Ofschafe vun den Distriktskommissariater huet och eng Rei vu rechtlechen Implikatiounen. Dat zielt besonnesch, wat déi sougenannten „tutelle administrative“, also d'Kontroll oder d'Opsiicht, wéi een et och ëmmer wëllt nennen, vun dem Stat op d'Gemenge betrëfft. Déi direkt Iwwerwaachung vun de Gemengen duerch den Innenministère - ouni Intermédiaire vun dem Distriktskommissär - gëtt deem Ganzen an Zukunft dach méi eng politesch Konnotatioun.

An et ass net zulescht de Statsrot, deen a sengem Avis och dorobber hiweist. Hie seet do - also de Statsrot seet dat: «Il reste que la surveillance des communes attribuée directement au ministre de l'Intérieur confèrera à cette surveillance une connotation politique très évidente, contrairement à la situation actuelle où cette dimension de la tutelle est fortement atténuée grâce à la présence de l'échelon intermédiaire des commissaires de district exerçant leur mission selon des critères exclusivement administratifs. Mainte décision prise dans l'exercice de la surveillance administrative des communes risquera», seet de Conseil d'État, «dès lors d'exposer le titulaire du poste ministériel concerné au reproche d'être teinté de considérations de politique partisane, peu importe que la constellation politique au niveau communal soit ou non la même que celle de la coalition gouvernementale.»

Wéi gesot, dat seet de Conseil d'État relativ daitlech a sengem schrëftlechen Avis. Déi politesch Verantwortung vun dem Innenministère ënnert dem Contrôle leschten Enns vun der Chamber gëtt doduerch natierlech och net méi kleng.

Madame Presidentin, dës Gesetzesprojet féiert deemno onweigerlech derzou, d'Hauptprinzipien eigentlech vun der Gemengenautonomie, wéi mer se haut kennen, an hire Limiten ze iwwerkucken. Dëst war iwwregens och eng Recommandatioun vun dem Rapport vun der Spezialkommissioun „Réforme territoriale“ aus dem Joer 2008, dee festgehalen huet - op Lëtzebuergesch -, d'Tutelle, also d'Iwwerwaachung vun de Gemengen ze vereinfachen, se op e Contrôle de légalité ze beschränken an e Contrôle d'opportunité nëmme méi virzegesinn, fir eng Kohärenz mat de Virgabe vun der nationaler Politik ze garantéieren. Wéi gesot, dat waren d'Konklusiounen op deem Punkt vun der Spezialkommissioun „Réforme territoriale“.

Madame Presidentin, d'Gemenge sinn dezentral Institutiounen. Si sinn duerfir autonom, awer net onofhängeg an och net souverän. Vereinfacht duergestallt schreift eng international Konventioun, nämlech d'Charte européenne de l'autonomie communale aus dem Joer '85, vir, dass déi intern Gesetzgebung an engem Land d'Gemengenautonomie garantéiert. Dat ass ganz einfach ausgedréckt, wou den Artikel 2 vun där betreffender Charta seet: «Le principe de l'autonomie communale (veuillez lire: de l'autonomie locale) doit être reconnu dans la législation interne et, autant que possible, dans la Constitution.»

An eiser Verfassung ass och kloergestallt, dass d'Gemengen eegestänneg Kollektivitéiten duerstellen, mä d'Constitioun seet - mengen ech och zu Recht - gradesou kloer, dass d'Gesetz d'Iwwerwaachung vun de Gemenge re-

gelt. Duerfir seet ons Verfassung, déi aktuell - ech huelen elo net déi lëtzebuergesch Versioun vun dem Här Bodry -: «Les communes forment des collectivités autonomes, à base territoriale, possédant la personnalité juridique et gérant par leurs organes leur patrimoine et leurs intérêts propres.» Mä d'Verfassung seet awer och gradesou kloer: «La loi règle la surveillance de la gestion communale.»

An duerfir musse mer kucken: Wat seet dann d'Gemengegesetz? Mä d'Gemengegesetz lëschet an dem Artikel 106 eng ganz Rei vun Akten an Décisiounen op, déi vum Minister, an deem Fall dem Innenminister, mussen approuvéiert ginn. Mä dat sinn awer net déi eenzeg Akten, déi vun dem Innenminister mussen approuvéiert ginn, well et gëtt eng ganz Rei vu sektorielle Gesetzter, zum Beispill d'Gesetz iwwert den Aménagement communal, déi och dann nach zousätzlech Approbatiounen vun dem Minister virgesinn.

A schliisslech - dee gëtt och vläicht iwwersinn - gesäit den Artikel 103 aus dem Gemengegesetz Sanktiounen vir, wann Décisiounen vun enger Gemeng geholl ginn, déi net am Aklang mat de Gesetzter sinn oder géint de sougenannten „intérêt général“ verstoussen. Den Artikel 103 vun dem Gemengegesetz seet do: «Le Grand-Duc peut annuler les actes collectifs» - also Reglementer - «et individuels des autorités communales qui sont contraires à la loi ou à l'intérêt général». An da muss en Arrêté d'annulation geholl ginn «qui doit être motivé et indiquer les moyens légaux ou les éléments d'intérêt général qui sont en cause et qu'il s'agit de protéger». Bon, dat sinn d'Gesetzestexten.

Wéi ass et dann elo mat der Jurisprudenz? Mä d'Rechtsspriechung vun dem Verwaltungsgericht liest aus deenen Texter, déi ech elo rapeléiert hunn, dass den Innenminister sech am Prinzip net der Gemeng kann an hiren Décisiounen substituieren, dat heescht eng Décisioun an hirer Plaz huelen. Mä de Minister muss der Jurisprudenz no am Liicht vun der Verhältnisméissegkeet, also nom Prinzip vun der Proportionalitéit, préiwen, ob d'Décisioun vun der Gemeng net géint e Gesetz verstéisst an net contraire zum Intérêt général ass.

An do seet d'Verwaltungsgericht - eng traditionell Jurisprudenz, déi relativ signifikativ op deem Punkt ass: «La tutelle n'autorise pas, en principe, l'autorité supérieure à s'immiscer dans la gestion du service décentralisé et à substituer sa propre décision à celle des agents du service. Ce principe découle de la nature même de la tutelle qui est une action exercée par un pouvoir sur un autre pouvoir, non pas en vue de se substituer à lui, mais dans le seul but de le maintenir dans les limites de la légalité et d'assurer la conformité de son action avec les exigences de l'intérêt général. - Le rôle de l'autorité de tutelle consiste dès lors à vérifier, non pas que chaque décision soit prise exclusivement dans le seul intérêt général, mais que la décision ne soit pas contraire à l'intérêt général.»

An da seet och d'Verwaltungsgericht, d'Cour administrative: «(...) au regard de la compatibilité avec l'intérêt général, le contrôle tutélaire (...) doit être exercé dans le respect d'une proportionnalité entre l'ampleur de l'intervention de l'autorité de contrôle et l'importance des intérêts qu'elle entend préserver.» Et ass eigentlech gutt, wann dat heiansdo emol eng Kéier rapeléiert gëtt.

Ass also eng Gemeng mat der Décisioun vun dem Innenminister net d'accord, da ka si och e Recours maachen, mä nëmme bei der Cour administrative, an dat geméiss dem Artikel 107 vum Gemengegesetz. Well dee seet: «Il est ouvert aux autorités communales dont la décision à caractère individuel ou réglementaire a fait l'objet d'une annulation ou d'un refus d'approbation par le Grand-Duc ou par le ministre de l'Intérieur un recours en annulation» - net «devant le tribunal administratif», mä - «devant „la Cour administrative“».

Madame Presidentin, dee rechtliche Kader ass wuel kloer, mä d'Notiounen vun Intérêt général a vu Proportionalitéit oder Verhältnisméissegkeet, wéi se virgesi sinn, dat sinn nun eemol dehnbar Begrëffer, a si kënnen vu Fall zu Fall anescht interpretéiert ginn. An dës Rechtsónsicherheit, déi et bei eis an der Legislatioun gëtt, déi gouf och kritiséiert, regelméissig, ënner anerem vun dem Conseil de l'Europe - dem Congrès des pouvoirs locaux et régionaux - schonns am Joer 2005, wou eise Land recommandéiert gouf, de System vun der Tutelle ze moderniséieren an e Contrôle de légalité a posteriori vun de Gemengendécisiounen virzegesinn.

An de Syvicol ralliéiert sech och a sengem Avis zu deem Gesetzesprojet kloer dës Recommandatiounen vun dem Conseil de l'Europe oder vu senger Énnerorganisatioun. De Syvicol ass eigentlech der Meenung, dass een am





Kontext vun dësem Gesetzesprojet hätt sollen eng Rei - an ech zitieren en do - vu flagranten Amëschungen an d'Gemengenautonomie duerch den Innenminister aus dem Wee rauen.

An och am Rapport vun der Spezialkommissioun vun der Chamber iwwert d'Reforme territoriale aus dem Joer 2008 geet et an déiselwecht Richtung; wéi gesot, dat am Sënn vun enger méi grousser Transparenz, an duerfir och eng limitativ Lëscht vun den Akten, déi eng Gemeng muss dem Innenminister zur Approbation virleëen, wéi gesot, gemëss dem Prinzip vun der Verhältnismäissegkeet.

Madame Presidentin, opgrond vun dem legale Kader, deem ech mer erlaabt hat ze rappeléieren, de Recommandatioun vum dem Congrès des pouvoirs locaux et régionaux vum Conseil de l'Europe, dem Avis vum Sycol zu dësem Gesetzesprojet an net zulescht de Konklusioun vum der Spezialkommissioun aus dësem Haus iwwert d'Reforme territoriale, déi ëmmerhin awer elo scho bal siwe Joer al sinn, hätt d'CSV-Fraktioun eng léiwer gesinn, dass parallel zu der Ofschafung vun den Distriktskommissariat eng Reform vun der Gemengenopsicht duerch den Innenministère mat ageleet gi wier.

An d'CSV ass der Meinung, dass et duerch d'Ofschaffen alleng vun den Distriktskommissären ouni Reform vun der Tutelle administrative zu enger „verstärkter Muechtsituatioun“ - entre guillemets - vum Innenminister kënn, egal wat fir eng Persoun dee Poste bekleet. Et ass eigentlech d'Funktioun vun dem Innenminister, déi an dee Rôle rëtscht. Dat ass fir eis net am Sënn vun der Gemengenautonomie an net zulescht och net am Sënn vun dem Titulaire vun deem Posten.

An ech mengen, nach eng Kéier, dass d'Risiken dovunner och am Avis vun dem Statsrot do kloer an däitlech gi sinn. Well déi Wieder, déi de Statsrot a sengem Avis gebraucht, déi ech mer virdrun erlaabt hat virzeliesen, déi si kloer an onmëssverständlech. De Statsrot schwätzt, fir et nach eng Kéier ze soen, vun enger «connotation politique très évidente» vun der Surveillance duerch den Innenminister a méi wäit souguer vun: «exposer le titulaire du poste ministériel concerné au reproche d'être teinté de considérations de politique partisane». Wéi gesot, et ass de Statsrot, deem zu där Konklusioun kënn.

Madame Presidentin, zum Schluss: Géint d'Décisioun vum dem Innenminister am Kontext vun der Tutelle administrative huet eng Gemeng just ee Recours bei der Cour administrative. D'Gemeng huet also an deem Fall keen double Degré de juridiction. D'Pouvoir vum dem Innenminister ginn eigentlech méi grouss an d'Rechtsmëttel vum der Gemeng bleiwen dogéint kleng.

Ofschléissend plädéiert duerfir - an ech wëll dat wierklech soen, dass dat an engem konstruktive Geescht gemengt ass, well mir stinn zu dem Ofschafung vun den Distriktskommissariat -, plädéiert d'CSV-Fraktioun awer duerfir zu dräi Punkten:

**(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)**

Éischtens: Eng Reform vun der Tutelle administrative vum Innenminister op d'Gemengen am Sënn vu méi Rechtssécherheet. Mir wëllen als CSV an Zukunft e limitéierte Contrôle de légalité an e Contrôle d'opportunité, wann et ëm Virgabung vun der nationaler Politik geet, esou wéi et iwwerengs och, mengen ech, deemools 2008 an dem Rapport iwwert d'Reforme territoriale vun der Spezialkommissioun aus der Chamber virgesi war.

Zweetens plädéiert d'CSV fir d'Schafung vun engem Service de contrôle tutélaire bannent dem Innenministère, deem eigentlech als Puffer tëschent de Gemengen an dem Minister fonctionnéiert - ech muss soen, eng ähnlech Situation, wéi se sech bei de Gemenge presentéiert, an net zulescht am Interesse eigentlech vun engem Buergermeeschter! Well de Buergermeeschter huet all Interêt drun, dass all Baugenehmung duerch de Service de l'architecte oder duerch de Service de l'urbanisme gepréift gëtt, well wann do e positiven Avis ass, dann ass et fir de Buergermeeschter vill méi einfach, esou enger Baugenehmung zouzestëmme. Wann et en negativen Avis gëtt, ech mengen, dann ass all Buergermeeschter gutt beroden, wann e virsiichteg ass, ier e seng Ennerschrëft trotzdeem ënner esou eng Décisioun settz.

Drëttens a leschtens plädéiert d'CSV och fir d'Schafung vun engem double Degré de juridiction fir d'Gemenge bei de Recourse géint d'Décisioun vum dem Stat, an dat am Kontext vun dem Contrôle tutélaire.

An ech erlabe mer ofschléissend - elo ass en do -, Här President, an deem Sënn lech och zwou Motiounen ze iwwerreechen.

Dat eent ass déi, wou mer eigentlech d'Regierung invitéieren, «à prévoir la création d'un service de contrôle tutélaire sur les affaires communales au sein du Ministère de l'Intérieur.» D'Considérations sinn déi, déi et sinn.

## Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*- saluant l'abolition des commissariats de district dans un souci de simplification administrative;*

*- considérant que celle-ci constitue par ailleurs une étape nouvelle dans la façon de concevoir la tutelle étatique sur les communes en faisant, d'une part, disparaître la subdivision administrative actuelle et, d'autre part, le rôle d'intermédiaire entre le Gouvernement et les autorités communales assumé depuis plus de 170 ans par les commissaires de district;*

*- notant que l'abolition desdits commissaires ne signifie aucunement la fin de l'exercice des attributions de la tutelle administrative qu'ils ont exercées jusqu'à présent;*

*- que ces compétences seront à l'avenir directement assumées par le Ministre en charge de l'Intérieur;*

*- considérant que la surveillance des communes risque de ce fait de devenir autrement plus politique;*

*- qu'afin de contrecarrer ce risque il serait indiqué de créer au niveau du Ministère de l'Intérieur un service à part chargé de l'exercice du pouvoir tutélaire sur les affaires communales;*

*invite le Gouvernement*

*- à prévoir la création d'un service de contrôle tutélaire sur les affaires communales au sein du Ministère de l'Intérieur.*

(s.) Gilles Roth.

Déi zweet Motioun, dat ass déi, déi d'Regierung invitéiert, «à revoir» - Här Wiseler - «la liste des délibérations des conseils communaux à soumettre obligatoirement à l'approbation du Ministère de l'Intérieur, notamment sur base de l'article 106 de la loi communale (...) et à prévoir l'introduction du double degré de juridiction en matière de tutelle administrative sur les autorités communales.»

## Motion 2

*La Chambre des Députés,*

*- vu le projet de loi n°6711 visant à abolir la fonction de commissaire de district;*

*- notant que les commissaires de district ont rendu de bons et loyaux services à l'État du Grand-Duché et ont assumé au niveau de la surveillance des communes le rôle d'intermédiaire entre le Gouvernement et les autorités communales;*

*- que le principe de l'autonomie communale trouve ses limites dans le cadre d'une surveillance organisée par la loi en vertu de l'article 107 actuel de la Constitution;*

*- qu'en matière de tutelle administrative, la loi communale du 13 décembre 1988 dispose que les actes collectifs et individuels peuvent encourir l'annulation pour contrariété à la loi ou à l'intérêt général;*

*- rappelant que la commission spéciale «Réorganisation territoriale du Luxembourg» de la Chambre des Députés s'est dans son rapport du 19 juin 2008 en principe prononcée pour un contrôle de pure légalité et contre un contrôle d'opportunité de la gestion communale par l'autorité tutélaire;*

*- que le même rapport retient que ce n'est que dans certaines matières touchant l'intérêt national, à énumérer de façon limitative par la loi, que le contrôle comporte une dimension de vérification de l'opportunité des choix communaux, et*

*- que dans ces cas, l'intérêt national à respecter doit être clairement défini par la loi et la conformité de la décision par rapport à l'intérêt national ne sera soumise alors qu'à un contrôle de légalité;*

*- considérant que l'article 107 actuel de la loi communale du 13 décembre 1988 permet aux autorités communales de se pourvoir directement devant la Cour administrative pour obtenir l'annulation d'une décision négative de l'autorité tutélaire;*

*- que cette disposition légale prive les autorités communales du double degré de juridiction;*

*invite le Gouvernement*

*- à revoir la liste des délibérations des conseils communaux à soumettre obligatoirement à l'approbation du Ministère de l'Intérieur, notamment sur base de l'article 106 de la loi communale du 13 décembre 1988;*

*- à prévoir l'introduction du double degré de juridiction en matière de tutelle administrative sur les autorités communales.*

(s.) Gilles Roth.

Mir géifen eis eigentlech wënschen, dass deenen zwou Motiounen, wéi gesot, déi mer an engem positive Geescht presentéieren, wéi ëmmer,...

► **Une voix.**- Gutt gesot!

► **M. Gilles Roth (CSV).**- ...dass deene kéint Rechnung gedroe ginn, an da géife mer eigentlech geschlossen, Här Minister, léif Kollegeinnen a Kollegen aus der Chamber, gären dëse Projet matstëmme. Duerfir géif ech lech bieten, dass Der alleguerten lech e kleng Ruck kéint ginn an dass Der deenen Ausféierung vum eis kéint Rechnung droen.

Ech halen elo op, well et waren 19 Minutten 38, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Roth. An ech géif dann d'Wuert direkt iwwerginn un den Här Max Hahn fir d'DP.

► **M. Max Hahn (DP).**- Här President, virdru sinn an der Heur de questions gläich vun zwee Deputéierte Froe gestallt ginn iwwert de Plan national canicule. Och wann et sécherlech net do drasteet, hunn awer ganz vill Leit de Weekend trotz der Hëtzt profitéiert, fir ze grillen. Sou hunn ech dat dann och gemaach. Ech war de Samschdegowend bei Frënn invitéiert, wou mer dann zesumme gegrillt hunn.

► **Une voix.**- Bravo!

► **M. Max Hahn (DP).**- Iergendwann am Laf vum Owend stoung dann och um Programm, wat mer da sonndes esou wëlles hätten. Do hunn déi eng gesot, si géifen op de Rock-A-Field goen, anerer hu gesot, si géifen op de Stau goen, an d'oppe Schwämm.

An du ware se all ganz jaloux, wéi ech hinnen dunn erzielt hunn, dass ech mech eigentlech op déi hei Ried géif preparéieren an iwwert d'Ofschafung vun den Distriktskommissariat géif schwätzen!

## (Interruptions)

Ech sinn och du relativ séier gefrot ginn, fir hinnen an einfache Wieder ze erklären, ëm wat et do genau géif goen a firwat déi dann elo géifen ofgeschafft ginn.

Ech hunn dunn ugefaangen ze erklären, dass d'Distriktskommissariat an enger Zäit entstanen sinn, wou de Kinnek a Groussherzog Wëllem den II. nach un der Spëtzt vun eise fuschneie Lëtzebuerg war, wat grad seng Onofhängegkeet krut. Domat wollt ech hinnen eigentlech just weisen, dass d'Distriktskommissariat deemno net aus dem Zäitalter vun den E-Mailen, mä éischer aus deem vun de Postkutsche stamen. Ech hunn du souguer mäi Frënd an Deputéierten, den André Bauler, zitéiert.

► **Plusieurs voix.**- Aah! Ooh!

► **M. Max Hahn (DP).**- Deen huet mir nämlech kierzlech op eng relativ flott Aart a Weis erkläert, dass d'Distriktskommissariat zu där deemoleger Zäit ähnlech wéi eng Nuebelschnouer waren, déi d'Regierung mat deenen eenzelne Regione verbonnen huet.

Här President, besonnesch fir Gemengen aus dem ländleche Raum waren d'Distriktskommissariat eng wichteg Ulaftell, déi manner wäit ewech war fir si wéi d'Stad Lëtzebuerg. Et muss een nämlech bedenken, dass deemools, an Zäiten, wou och nach keen Zuch gefuer ass, eng Rees vun Elwen bis an d'Stad eng hallef Weltrees war. Mäi Frënd Edy Mertens géif soen, haut, an Zäite vun de Stauen, wier dat och nach net ganz anescht, wann hien de Wee vun Elwen hei erof an d'Stad mécht.

## (Interruptions)

Här President, an Zäite vun den Informationstechnologien, wou Informatiounen quasi an Echtzäit iwwer eis Bildschiermer flimieren, muss een et soen, wéi et ass: D'Distriktskommissariat sinn en Anachronismus, quasi Institutionen, déi aus der Zäit gefall sinn. Dëse Gesetzesprojet schafft d'Distriktskommissariat of an hir Aufgabe gi vum Innenministère iwwerholl. Endlech!

Als Gemegepolitikter hunn ech éierlech gesot ni esou richtig verstanen, firwat een den Émwee iwwert d'Distriktskommissariat misst maachen an een net direkt um Innenministère kéint uschellen. D'Praxis huet nämlech oft gewisen, dass dat alles anescht wéi effikass war. D'Gemeng schéckt beispillsweis en Dossier un d'Distriktskommissariat, dat iwwerpréift en, wann en net vollstänneg ass, geet en erëm zrëck bei d'Gemeng, dann erëm de Retour an d'Distriktskommissariat, dat e weiderleet un den Intérieur. An och am Intérieur ass et alt da virkomm, dass Dossieren net komplett waren, da si se erëm zrëckgaangen, iwwert d'Distriktskommissariat zrëck bei d'Gemeng, an nach eng Kéier dee ganze Prozess!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Si hate vläicht verschidde Meinungen, de Ministère an d'Distriktskommissariat. Dat ass de Problem.

► **M. Max Hahn (DP).**- Den Här Bodry gräift mer e bësse vir. Da géif ech dat elo integréieren. Och ass et emol virkomm, dass da souguer deelweis verschidde Meinungen an deenen zwou Instanzen, am Distriktskommissariat respektiv dann am Innenministère, waren. Dat ass selbstverständlech de Worst Case, mä all dat ass geschitt, also theoretesch wier dat och nach ëmmer méiglech gewiescht.

Ech sinn deemno frou, dass dës Regierung endlech eppes ugeet, wat d'DP eigentlech scho ganz laang fuerdert.

## (Brouhaha)

Et spigelt fir mech e bëssen d'Politik vun dëser Regierung erëm: Si traut sech, Saachen unzegoen a Bestoendes a Fro ze stellen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Max Hahn (DP).**- An, ouni polemesch wëllen ze sinn,...

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Max Hahn (DP).**- ...dat war bei deene viregte Regierungen net ëmmer de Fall.

## (Interruptions)

Här President, mat den Distriktskommissariat gëtt och de Prinzip vum duebele Contrôle ofgeschafft. Schonn am November 2003 gouf et en Débat an der Chamber iwwert d'Opdeeling vun de Kompetenzen an de Responsabilitäten tëschent dem Stat an de Gemengen. Als Virbereedung op meng heiteg Interventioun hunn ech den Débat nogelies an do konnt ech feststellen, dass mäi Frënd Gusty Graas schonn deemools, also 2003,...

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Max Hahn (DP).**- ...gefuert huet, dass den duebele Contrôle net méi zäitgemëss wier an dass den ofgeschafft misst ginn. Dir gesitt, de Gusty Graas hat deemools recht an en huet och haut mat senger Ausso nach ëmmer recht.

## (Interruptions diverses)

Här President, ech si frou iwwert dëst Gesetz, well et fir mech eent mat Signalwirkung ass. Ech sinn nämlech iwwerzeegt, dass dëst Gesetz de Startschuss ass fir eng besser Zesummenaarbecht tëschent dem Innenministère an de Gemengen. Ech mengen nämlech, dass do nach ganz vill Verbesserungspotenzial ass. Den Innenministère an d'Gemenge mussen am Tandem fonctionnéieren. Si deele sech nämlech eng ganz wichteg Aufgab, nämlech den Dëngscht um Bierger. D'Gemengen a Ministère hunn eng grouss Verantwortung géintiwwer eise Bierger. An do huet onnéideg Bürokratie keng Plaz! An ech weess, an doriwwer sinn ech frou, eisen Innenminister gesäit dat genau d'selwecht.

Här President,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo.

## (Hilarité)

► **M. Max Hahn (DP).**- Här President, ech sinn iwwerzeegt, dass den Distriktskommissär als Puffer tëschent de Gemengen an dem Ministère ausgedéngt huet. Hien huet bal zwee Joerhonnerte seng Dëngschter gelescht. Elo ass et awer un der Zäit, d'Blat ëmzedreien an eng nei Phas vun der Zesummenaarbecht tëschent Ministère a Gemengen anzelauden.

## (Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Neen, neen, neen!

► **M. Max Hahn (DP).**- Ech hat gemengt, Dir géift elo fir mech lauden. Voilà.

## (Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Neen, ech passen op lech op. Ech passen op lech op.

► **M. Max Hahn (DP).**- Här President, trotz mengen éischer kritesche Remarquë wëll ech awer betounen, dass ech net fannen, dass d'Distriktskommissariat ofgeschafft misst ginn, well se keng gutt Aarbecht gelescht hätten.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Max Hahn (DP).**- Vill Gemengen, besonnesch awer klenger, waren dacks frou, direkt en Uspriechpartner ze hunn, deem hinne bei techneschen Dossieren, wéi beispillsweis schwierge Gesetzter, zur Säit stoung.

Dofir ass et awer wichteg ze wëssen, dass d'Distriktskommissariat zwar verschwannen, mä d'Gemengen trotzdeem net am Ree stoe gelooss ginn. Ganz am Géigendeel! Et wäert nämlech an Zukunft just nach een zentralen





Usprechpartner fir d'Gemengen do sinn, an zwar an där neier Cellule de conseil juridique pour les communes. Dëst Zesummeleëen am Ministère wäert och dee positiven Niewenefekt hunn, deen och den Deputéierten Alex Bodry grad ugeschwat huet, dass et bei de Froen eigentlech just nach zu enger eenzeger Äntwert kënn an eigentlech da kee Spillraum méi fir Interpretatiounen dierft do sinn.

Här President, mir liewen an enger Zäit, wou den Informationsfloss keng Barrière méi kennt. Ech muss awer leider ëmmer erëm feststellen, dass et awer nach vill Barrière ginn, déi mir de Gemengen duerch déi administrativ Prozeduren ophalsen. All Gemeng, déi beispillsweis e PAG muss opstellen, ka mat Sécherheet e Lidd heivu sangen. Ech sinn dofir frou, zu engem Gesetzesprojet konnten ze schwätzen, deen eng Barrière ofrappt a keng nei Barrière opricht.

Mäi Wonsch ass et, dass och an Zukunft nach vill Gesetzer an deem heite Kader wäerten nokommen. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren, soen dem Rapporteur Merci fir säi guddeschreftlechen a mëndleche Rapport a ginn heimat den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(*Interruptions et hilarité*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Hahn. An nächste Riedner ass den Här Robert Traversini.

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).** - Roberto, jo. Merci, Här President. Ech mengen, et ass vum Rapporteur alles gesot gi respektiv kann een et och noliesen. Et ass e wichtige Schratt fir eis Gemengen, datt am Fong geholl d'Prozedure vereinfacht, datt d'Prozedure méi schnell gemaach ginn, an dofir mengen ech, datt jiddwereen, deen e bësse mat Gemengen ze dinne huet, frou ass, datt dat heiten elo esou ass.

Domadder dat gesot, wëll ech dann och den Accord vun der grénger Fraktioun ginn. Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An nächste Riedner ass den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegen, wéi verschiddener vu menge Virriedner gesot hunn, huet d'Ofschafung vun den Distriktskommissariater e laange Baart.

(*Coup de cloche de la présidence*)

Mir hunn iwwer Joren heibannen doriwwer geschwat, a viru gutt siwe Joer hate mer souguer eng Spezialkommissioun hei iwwert d'Reforme territoriale, RTLs-Kommissioun hu mer se ëmmer genannt, wou mer eis am Fong parteiwwergräifend och eens gi sinn, datt déi Distriktskommissariater, déi praktesch, wéi gesot ginn ass, 170 Joer bestinn an déi eng gutt Aarbecht gemaach hunn an deene Joren, awer an deem heitegen Zäitgeescht iwwerlieft wieren.

Duerfir, mengen ech, soll een och direkt soen, datt mer och als ADR frou sinn an d'Regierung félicitéiere fir dese Projet de loi, deen dat ëmsetzt, wat d'Chamber, wéi gesot, scho praktesch viru siwe Joer eestëmmeg an enger Kommissioun festgehalten huet.

Déi Fonctiounen, déi d'Distriktskommissariater haten, an och elo d'Distrikter als solch, déi dräi, déi et dann elo net méi gëtt, wann dat heite Gesetz kënn, déi ginn an den Innenministère mat deene verschiddene Missiounen iwwerdoen. An et ass elo um Innenminister, sech esou ze strukturéieren, datt dat zu engem positive Resultat kënn, datt dat gutt strukturéiert gëtt an datt et méi effikass gëtt.

Ech mengen, et ass kloer, wa mer - an d'Virriedner hunn dat och gesot - kucken, wéi laang d'Prozeduren an der Vergaangenheet waren, deelweis onnëtz laang, dann ass et kloer, datt mer haut an der moderner Zäit Méiglechkeeten hunn, ganz séier ze kommuniquéieren, an do hënnert selbstverständlech eng Deviations, wéi se an der Vergaangenheet war, iwwert d'Distriktskommissariater.

Wann een d'Geschicht e bëssen zrëckkuckt vun der Aféierung vun den Distriktskommissariater, do hunn ech ëmmer gesot, dat waren dem Kinnec seng Statthalter. Déi hunn am Fong missen op d'Gemengen oppassen. Et ass och méi ëmmer vu Surveillance a vu Kontroll geschwat ginn. An ech mengen awer, mat der Zäit sinn dat Kollaborateure vun de Gemenge ginn, well wann ee laang an enger Gemeng war, da weess een, datt ee ganz dacks, virun allem als eng kleng Gemeng, frou war, datt een

iwwer e relativ einfache Wee, ganz dacks mat engem Coup de Téléphone, dem Distriktskommissär konnt uruffen an him seng Problematik gesot huet, an dann huet een direkt oder kuerz duerno awer eng Äntwert kritt op eng Fro, déi een net als Gemeng hat.

Ech sinn och duerfir frou, datt - wat ech schonn an aneren Interventiounen gesot hunn -, wa mer déi Distriktskommissariater ofschaffen a mer huelen déi Leit an den Intérieur, datt een do soll e Service juridique fir d'Gemenge maachen, wat elo an där Cellule juridique jo och geschitt, déi am Intérieur agesat gëtt.

Well ech mengen, mat Ausnahm vun der Stad Lëtzebuerg - ech mag mech iren - gëtt et keng Gemeng, déi e Service juridique an hirer Gemeng huet, oder vläicht nach Esch oder esou. Mä de Gros vun de Gemengen, virun allem déi kleng Gemengen hunn dat net, si kënnen dat och net hunn. An duerfir fannen ech dat scho gutt, wann do an der Stad eng Stell kënn, wou déi kënnen eng Berodung fannen.

Ech wëll dat betounen: „eng Berodung ginn“, well och déi Leit wäerte Berodunge ginn un d'Gemengen, déi vläicht spéider an engem Prozess aneschtens beuerteelt ginn. Et muss een also ëmmer wëssen, och als Gemeng, datt dat Leit sinn, déi dat als eng Vue, aus enger Siicht hunn, déi net awer onbedéngt herno muss och d'Endresultat sinn, wann et géif zu engem Prozess kommen.

Mä déi Leit kréien awer eng gewëssen Erfahrung op deem Niveau, well se sech reng op d'Matière vun de Gemenge konzentréieren, well se kënnen en Échange ënner sech maachen, soudatt een awer kann dovun ausgoen, datt déi Berodungen, déi ee vun deene kritt, datt dat awer Berodunge sinn, déi hire Wäert hunn a mat deenen d'Gemenge kënnen eppes ufänken.

Duerfir, wéi gesot, ass dat eppes, wat mer begreissen, an an der Zäit vun de kuerze Weeër ass dat sécherlech och haut nëmme eng Normalitéit. Duerfir géif ech och mengen, wa mer haut hei diskutéieren - an et ass vu verschiddene Virriedner gesot ginn -, da gëtt nach ëmmer dat Wuert vun der „Surveillance“ a vun der „Kontroll“ ernimmt; ech sinn der Meinung, datt d'Gemengen haut net brauchen eng Surveillance ze kréien, mä eischer gesinn ech eng Kollaboratioun tëschent dem Innenminister an de Gemengen. An et ass net eppes vun uewen erof a vun ënnen erop, mä dat soll zesumme geschéien.

Datt den Innenminister eng Rei vu Missiounen huet, wou e muss kucken, ob dat, wat d'Gemengen décidéieren, am Intérêt général ass, ob et konform ass zu de bestehende Gesetzer, dat ass normal, an dat gesinn ech och net onbedéngt an deem Wuert „Kontroll“ erëm, wann ee Minister dat wëllt maachen.

An duerfir kann een nëmme hoffen... An ech wëll dat och hei soen: Mam Innenminister - d'Echoen aus de Gemengen - leeft déi Diskussion relativ gutt an et sollt een och weider an déi Richtung goen. Et ass keen de Chef vun deenen aneren, mä et soll eng gutt Kollaboratioun sinn tëschent deenen.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg d'Chance, datt mer nëmme zwou Strukturen op deem Niveau hunn: Mir hunn d'Gemengen a mir hunn de Stat. A viru Joren hu mer och nach diskutéiert, fir regional Parlamenter ze maachen an esou virun.

Et sinn der och, déi gesot hunn, wa mer eng kéier géifen de Cumul vun de Mandater ewechhuelen tëschent Buergermeeschter an Deputéierten, da misst een esou e Parlament vun de Gemenge maachen. Mir warnen op jidde Fall ëmmer virun neie Strukturen. Ech mengen, dat hei huet sech bewährt. Mir hu just zwee Niveauen, dat sinn d'Gemengen, dat ass de Stat, an et sollt een net méi versichen, iergendwéi eng aner Struktur do dertëscht ze bauen. Den direkte Wee ass dee beschte Wee. An dobäi solle mer bliwen. A mat dësem Gesetz maache mer dee Wee haut méi direkt wéi en an der Vergaangenheet war. Dat ass positiv.

Ech op jidde Fall wëll och vun eiser Säit aus hei soen, all déi Distriktskommissären, déi mer virduen haten, déi ware korrekt, souwäit wéi ech se erlieft hunn, an och sécherlech anerer. Si hunn och eng politesch neutral Positioun an all menger 30-jähriger Erfahrung, déi ech hat, ageholl. Et huet een ni gemierkt, datt se dat iergendwéi parteipolitesch wollte beaflossen. An et waren och déi Leit, déi ëmmer do waren, wann d'Gemeng se gebraucht huet.

Si waren och dacks de Représentant vum Innenminister, wann deen net konnt kommen. Si waren och ganz dacks bei de Feierlechkeeten, den Aweigungen op de Gemenge präsent. Dat war flott. Et war schéin. Et war och net vläicht ëmmer ganz gesond. An an deem Sënn maache mer mat dësem Projet och eppes fir hir Gesondheet. An ech ginn domadder d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun.

(*Hilarité*)

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Gibéryen. Leschte Riedner ass den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Als Lénk hu mer eis an der Vergaangenheet ëmmer och nees staarkgemaach fir d'Ofschafe vun den Distrikter an domadder och den Distriktskommissariater. D'Ofschafe vun deem Anachronismus ass dofir fir eis eng iwwerfällg Simplification administrative, déi onnéidege bürokrateschen Opwand aus dem Wee raumt a schweierfällg Prozeduren accéléréiere kann. An dëst begreisse mer dann och ausdrécklech!

Och begreisse mer d'Ukënnegung vum Innenminister, eng Reorganisatioun vum Ministère virzehuelen, fir de Gemengen op Wonsch hi kënnen och berodend zur Säit ze stoan an esou och den Informationsfloss ze garantéieren an am beschte Fall ze optiméieren. Dëst war nämlech eng vun de positiven Aufgaben, déi d'Distriktskommissariater haten, fir besonnesch méi kleng Gemengen déi néideg Informatioun a Conseilen ze ginn, fir kënnen hir Entscheedungen ze treffen.

Et kann een also soen, datt dëst Gesetz eng Verbesserung ass vun der Verwaltung. Mä Verwaltung ass just een Aspekt och an der Relatioun tëschent dem Stat an de Gemengen.

En zweeten, an eisen Ae mindestens gradesou wichtigen Aspekt ass déi demokratesch Funktioun vun de Gemengen. D'Gemenge sinn déi klengst demokratesch gewielt Entitéiten hei am Land a si sinn dofir fir vill Bierger an hirem Alldag och déi eischt Ulafstell. Den Handlungsspillraum, dee Gemengenautoritéiten hunn, deen oscilléiert tëschent der Autonomie vun de Gemengen, déi eis Verfassung garantéiert, an der Tutelle vum Intérieur.

Datt dëst Verhältnis voller Spannunge ka sinn, hu mer an der Vergaangenheet méi wéi eng kéier och gesinn. Vill ze dacks huet den Intérieur nämlech an der Vergaangenheet net nëmme d'Legalitéit vun Décisiounen vu Gemenge-reit kontrolléiert, mä och hir Opportunitéit. Dëst ass an eisen Aen eng Verletzung vum Prinzip vun der kommunaler Autonomie a misst an der Praxis ënnerbonne sinn.

An ech mengen, och e Liddchen dovunner kënnen zwee Ministeren an dëser Regierung sangen, wéi si nach am Escher Schäfferot souzen a versicht hunn, e Service à l'égalité des chances anzeféieren. Dat krute se och zweemol ofgesot, mam Argument, dëst wier keng kommunal Kompetenz. Just hirer Beharrlechkeet ass et dann ze verdanken, datt et haut e kommunalt Gläichstellungsamt gëtt, an dat gëtt et och a villen anere Gemengen.

Ech hu selwer och d'Erfahrung gemaach, an ech sinn nach amgaangen, déi Erfahrung ze maachen, och als ehemolege Gemengerot an der Stad Lëtzebuerg, wou mer och mussen eis nach eens ginn, aweiern vum Beispill eng Deliberatioun iwwert den TTIP d'Kompetenz vun enger Stad sprengt oder net. An der Stad gouf dat aneschtens interpretéiert wéi an anere Gemengen, mä do ass d'Prozedur jo och nach amgaangen.

Bon, dëst Beispill weist och, datt mer an der Praxis zu Lëtzebuerg och nach ëmmer net konform sinn zur Charte européenne de l'autonomie locale, déi mer 1987 ratifizéiert hunn. De Syvicol huet dowéinst a sengem Avis och op d'Recommandatioun vum Congrès des pouvoirs régionaux et locaux vum Europarat opmierksam gemaach, deen der Regierung un d'Häerz leet, ech zitéieren, «de moderniser les dispositions législatives relatives au contrôle sur les collectivités locales, en vue de limiter la tutelle à un contrôle a posteriori pour des motifs de stricte légalité».

Zanterdeem hunn déi verschidden CSV-Innenministeren awer näischt ënnerholl gehat. Dofir hätt ee kënnen erwaarden, datt an engem Gesetz, dat d'Organisatioun vun der Tutelle verännert - well zu där Tutelle hu bis elo och d'Distriktskommissariater gehéiert -, datt an esou engem Gesetz och de Kader vun där Tutelle moderniséiert géif ginn. Dëst ass awer leider net de Fall, wat mer bedauern. Mir huelen awer zur Kenntnis, datt de Minister ugekënnegt huet, an engem zweete Schrëtt dëse Kader zesumme mam Syvicol frësch ze definéieren.

Här President, mir stëmmen dëst Gesetz also mat, sous réserve vun deene kritesche Bemerkungen, an erwaarden eis, datt den Innenminister seng Ukënnegung ëmsetzt am Sënn vun enger Stärkung vun der Gemengenautonomie an domadder och am Sënn vun der Stärkung vum demokrateschen Handlungsspillraum vun de Gemengen. Mir soen lech, ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Wagner. An dann huet d'Wuert

elo deen allerleschte Riedner, den Här Gloden. Sorry!

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Merci, Här President. Ech wëllt vun dëser Debatt profitéieren, fir op e Souci am ländleche Raum anzegoen, nämlech op dee vun der schlächender Zentralisatioun vun de Verwaltungen an dësem Land. Wat d'Distriktskommissariater ugeet, schlëssen ech mech de Wieder vum Gilles Roth un. Mir stellen awer fest, datt ëmmer méi Verwaltungen am ländleche Raum oder d'Büro vu Verwaltungen am ländleche Raum zoumaachen an dann hei an d'Stad zrëckgeruff ginn.

Ech erënnere ganz aktuell un déi Diskussioun am Kader vun der Policereform, un d'Commisariats régionaux, déi sollen ofgezu ginn. D'Kadasterbüro sinn zougemaach ginn. An enger Rei Géigende sinn d'Enregistrementsbüroen zougemaach ginn. Deen zu Gréiwemaacher ass opbliwwen, well den Enregistrement och do zoustänneg ass fir d'Schëffer. An ech wëllt och do dem Här Gramegna nach eng kéier vun dëser Plaz aus Merci soen.

Et lafe Rumeuren, datt d'Steierbüro solle reorganiséiert ginn an der Stad. Et lafe Rumeuren, datt d'Douanesbüro reorganiséiert ginn.

Fir eis als CSV ass et wichtig, datt mer eng gewësse Proximitéit vun de Services publics am ländleche Raum garantéieren, do, wou effektiv vill Leit bei d'Verwaltungs ginn, wéi bei engem Enregistrement, wéi bei engem Douanesbüro, wou och vill Entreprises dohinnerginn, wéi bei der Steierverwaltung, wéi och bei der Police. Doduerch garantéiere mer d'Proximitéit an d'Accessibilité vun deene Services no beim Bierger.

Mir maachen och eppes fir den Trafic, well déi Leit brauchen net och nach an de Stau ze kommen, fir an d'Stad bei d'Verwaltungen ze kommen. An een Argument, wat besonnesch fir eis wichtig ass, ass, datt een de wirtschaftlechen Aspekt vun der Präsenz vu Verwaltungen am ländleche Raum net dierf ënnerschätzen.

Ech soen ëmmer, d'Verwaltungen spillen do e bëssen d'Roll vun de Geschäfte, déi Besoins primaires satisfaiséieren. Hutt Der e Bäcker, hutt Der e Metzler an enger Uertschaft, da liewen och déi aner Geschäfte, déi sech ronderëm implantéieren an enger Uertschaft. Sinn déi Geschäfte bis fort, da kommen och d'Leit net méi an d'Uertschaften, an d'Zentre vun den Uertschaften am ländleche Raum, fir déi aner Akeef ze maachen.

Bei der Verwaltung ass et d'selwecht. Déi Leit, déi op de Verwaltungen schaffen, ginn an deenen Uertschaften méistes iessen, ginn an deenen Uertschaften hir Akeef maachen. An och besonnesch déi Leit, déi dohinnerginn, well se e Service vun deene Verwaltungen brauchen, wa se bis hiren Auto am Zentrum geparkt hunn - dat ass am ländleche Raum jo méi einfach wéi an enger grousser Stad -, da profitéiere se an engems, fir hir Akeef do ze maachen. An domadder ass d'Präsenz vun esou Verwaltungen wichtig, fir d'Commerces de proximité an den Uertschaften am ländleche Raum ze garantéieren.

An duerfir, Här President, déposéieren ech och hei eng Motioun, wou mer d'Regierung invitéieren, ech liesen dat kuerz vir - ech ginn elo net op d'Considérenten an, datt ass dat, wat ech hei elo erkläert hunn -: «à préserver le maintien des guichets administratifs régulièrement fréquentés par les citoyens et entreprises à travers tout le pays afin d'assurer l'accessibilité de ceux-ci dans les zones rurales et de maintenir, voire de contribuer au développement du commerce de proximité dans les communes rurales.»

Ech soen lech Merci.

**Motion 3**

*La Chambre des Députés,*

- *considérant que des administrations modernes et accessibles à la population sont des prestations efficaces de services;*

- *considérant que la centralisation de la gestion de certains services publics peut être nécessaire, en outre dans le cadre de la simplification administrative, à la réforme du fonctionnement de certains services étatiques afin d'offrir un service adéquat et efficace aux citoyens;*

- *considérant que l'accessibilité de certaines administrations ou de certains services d'administration régulièrement fréquentés par les citoyens et entreprises dans l'espace rural doit être maintenue afin de garantir une proximité de ces services auprès de ceux-ci;*

- *considérant que le maintien de certaines administrations ou de certains services publics dans l'espace rural fréquentés régulièrement par les citoyens et entreprises contribue aussi au maintien, voire au développement des activités commerciales dans le milieu rural; qu'en effet les personnes se rendant à ces administrations profitent de la proximité de celles-ci avec les commerces implantés dans les centres des communes rurales;*





- *considérant qu'une centralisation de toutes les administrations ou de tous les services des administrations à Luxembourg-ville aurait ainsi des conséquences économiques négatives pour les commerces implantés dans les centres des communes rurales;*

*invite le Gouvernement*

- *à préserver le maintien des guichets administratifs régulièrement fréquentés par les citoyens et entreprises à travers tout le pays afin d'assurer l'accessibilité de ceux-ci dans les zones rurales et de maintenir, voire de contribuer au développement du commerce de proximité dans les communes rurales.*

(s.) Léon Gloden, Emile Eicher, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Octavie Modert.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Gloden. An d'Wuert huet elo den Här Innenminister, den Här Dan Kersch.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Merci, Här President. Et ass virdru vun engem parteiwwergräifende Konsens geschwat ginn, dee schonn zënter Jore besteet, fir d'Commissariats de district ofzeschaffen. Ech si frou, dass haut keen an dëser Chamber dësen, de parteiwwergräifende Konsens, verlooss huet. Ech wëll awer virausschécken, dass d'Ambitioune vun dësem Projet eleng dra bestanen hunn, fir d'Commissariats de district ofzeschaffen, ni plus ni moins.

Et ass eng éischt Etapp - an d'Betounung läit op „éischt Etapp“ - vun der Reorganisatioun vun de Bezéiungen tëschent Stat a Gemengen, den eenzege But vun dësem Gesetz, an do besteet jo och, mengen ech, Konsens, a mir hunn et virdrun alleguerten hei nach eng Kéier ënnerstrach, e Konsens, deem vill Diskussiounen virausgaange sinn.

Scho laang virun 2008 ass iwwert d'Ofschafe vun de Commissariats de district geschwat ginn. Déi éischt Diskussiounen hei am Land ëm d'Distriktskommissariater hunn an de 60er Jore vum leschte Jorhonnert ugefaangen, wou schonn eng Kéier e Projet do war, fir d'Distriktskommissariater ofzeschaffen, mä et huet gedauert bis an d'Joer 2015, bis mer dann endlech esou wäit sinn, opgrond och vun den Diskussiounen, déi an der faméiser RTLs-Kommissioun gefouert gi sinn.

Mir maachen also elo dat, wouriwwer mer eis alleguerten eens waren, och scho laang virdrun. Leider hat kee virdrun de Courage oder d'Endurance, fir et och ëmzesetzen. Ech féliciteieren och d'Kommissioun vun der Chamber fir déi grouss Eenegkeet, mat där mer dës Diskussioun konnte féieren. Ëmsou méi sinn ech iwwerrascht, dass mer elo nach e puer Motiounen kritt hunn, mä ech kommen duerno ganz gären dorop zrëck.

De Syvicol, an och de Statsrot, wahrscheinlech och op Avis vum Syvicol, hat eng gewëssen Ongedold gewisen, dass een direkt misst méi wäit goen, ënner anerem wat d'Tutelle administrative ugeet. Ech äntwerten dorobber, dass ech gewinnt sinn, wann ech eng Trap wëll eropgoen, net deem drëtten Träpple virun deem éischten ze huelen. Déi, déi probéieren, dräi Träppleker beieenen ze huelen, riskéieren ni uewen unzekommen a riskéiere souguer scho beim éischte Schratt op d'Nues ze falen.

Dofir ganz kloer: Mir maachen hei deem éischte Schratt, wou mer eis alleguerten eens sinn - an ech mengen, dat huet een hei aus de Rieden erausfonnt -, a bereede gläichzäiteg schonn deem zweete Schratt vir, an dat ass d'Reform vum Gemengegesetz. Dat ass d'Reform vum Syndikatsgesetz. A mat deem muss, an ech betounen dat, muss och eng Reform vun der Tutelle administrative einhergoen.

Et ass also eis Ambitioun, en zweet Gesetz ze bréngen, relativ séier. Mir sinn och amgaangen am Intérieur, scho ganz konkret dorunner ze schaffen. Mir wäerten eis och kuerzfristeg mam Syvicol zesummesetzen, fir ze kucken, wat een an deem Beräich ka maachen. Et geet drëms, och d'Gemengegesetz, och d'Syndikatsgesetz un déi modern Zäiten unzepassen.

Ech wëll och soen, dass mer virun zwou Wochen, bal onbemierkt vun der Éffentlechkeet, e Code communal presentéiert hunn, iwwer 3.500 Säte Gesetzestexte, déi jo elo an engem Band zesummegefaasst sinn, wou een eng ganz gutt Iwwersicht huet iwwert dat, mat deem sech d'Gemengen all Dag mussen erëmploen, fir et op Lëtzebuergesch ze soen. Mä mir hunn zumindest et emol gepackt - och dat ass eppes, wat laang versprach ginn ass, mä wat awer elo verëffentlecht ginn ass -, dass mer dee Code communal konnte verëffentlechen. Do hunn eng Rei Leit ganz vill dru geschweest, fir dat ze maachen. An ech mengen, dass dat och eng weider administrativ Vereinfachung fir d'Gemenge bedeit an och zu enger Stärkung vun hirer Autonomie ka bäidroen.

Déi Approche, déi mer wielen, eng Etapp no där anerer, an och fir d'Tutelle administrative ze vereinfachen, ass och am Kontext vun eiser Verfassung ze gesinn, déi d'Autonomie vun de Gemenge garantéiert, an entsprécht - an ech mengen, dat kënnt Der alleguerten noliesen - och dem Regierungsprogramm.

Ech wëll awer hei an éischter Linn och dem Rapporteur Merci soe fir deem exzellente Bericht, deem e gemaach huet vun eisen Aarbechten, den Deputéierten aus der Chamberskommissioun a jiddwerengem eenzelne Riedner och hei fir seng Bäitrag.

An an deem Merci wëll ech och aschléissen d'Beamten, an och dat ass schonn an eenzelne Riedebäitrag hei duerchgedrongen, d'Beamte vun de Commissariats de district, selbstverständlech un hirer Spëtzt déi dräi Kommissären, déi mat hiren Equippen eng jeeweileg wichteg Aarbecht gemaach hunn, déi engersäits d'Dossieren am Virfeld schonn aviséiert hunn, wat eng gewësse Vereinfachung och fir de Ministère selwer bedeit huet, an op där anerer Säit awer och eng gewësse Proximitéit ëmmer garantéiert hunn an der Berodung vun de Gemengen, wat e ganz wichteg Element ass.

D'Abolitioun vun dëse Commissariats de district setzt also eng Reorganisatioun vum Ministère de l'Intérieur viraus. An do si mer amgaangen, ganz monter drun ze schaffen. An ech hunn et schonn e puermol gesot an ech ginn net midd, et ze widerhuelen: Et setzt och e Mentalitéitswandel bei eenzelne Beamten am Ministère viraus. Et setzt viraus, dass mer bereet sinn, aus de Büroen erauszegoen, eis ze déplacéieren bei d'Gemengen an u sech eng transversal Berodung an alle Beräicher vun der Gemengepolitik unzebidden.

Dofir wäerte mer jo och parallel mat der Abolitioun vun den Distriktskommissariater zwou nei Direktiounen schafen, engersäits déi Direction juridique, vun där mer elo scho geschwat hunn, wou eng juristesche Berodung fir d'Gemenge soll ugebuede ginn. An et ass virdrun hei gesot ginn, dat wëllt net heeschen, dass dat e Fräifahrtshain ass fir eng spéider Approbatioun vun engem Projet. Dat wëllt och net heeschen, dass deem Avis juridique, deem do kënnt, herno bindend ass fir d'Gemengen, mä et geet hei drëms, wierklech de Gemengen e juristesche Bäistand an deenen ëmmer méi komplizéierten Dossieren ze liwweren.

An da kënnt, ech mengen, och dat ass en Element vun dësem Projet de loi, eng nei Direktioun dra vum Contrôle des finances communales. Och dat, mengen ech, war ugedeit ginn an eise Regierungsprogramm, wou mer gesot hunn, mir wëllen de Service de contrôle vun de Finanze vun de Gemenge méi autonom opstellen. An d'Viraussetzung, fir dat kënnen ze maachen, ass, dass mer dee Service de contrôle net mat enger duebeler Aufgab befaassen, nämlech engersäits de Budget an anerersäits d'Konten ze kontrolléieren, well een u sech an deem Fall nämlech dat kontrolléiert, wat ee virdru scho selwer u sech approuvéiert huet.

Dofir wäerte mer an eng Situatioun kommen, dass de Contrôle vun de Budgete wäert vun der Direction des finances communales gemaach ginn an de Contrôle vun de Konte vun de Gemengen an Zukunft dann eleng vum Service de contrôle des finances communales. Ech mengen, dat ass déi Optik, déi mer hunn. An domadder si mer och konform mat eise Regierungsprogramm, dee seet, dee Service de contrôle vun de Gemenge misst méi autonom kënnen schaffen.

Den elektronischen Échange ass selbstverständlech och eppes, wat mer scho laang diskutéieren. Ech kann lech soen, dass ech net méi spët wéi d'lescht Woch Gespréicher och mam SIGI gefouert hunn, dem SIGI, deem eng ganz Rei vu Saache schonn ubitt, wou dat méiglech ass. Mä de Problem huet ëmmer dora bestanen, dass mer u sech zwou verschidde Plattformen haten: engersäits déi Plattform, déi an deene meeschte Gemenge vum SIGI geliwwert gëtt, an déi aner Säit déi Plattform, mat där de Stat geschafft huet, déi awer net kompatibel matenee waren.

Mir sinn amgaangen, do tëschent SIGI a CTIE Synergien ze schafen, déi d'Viraussetzung sinn, dass mer den elektronischen Échange tëschent Stat a Gemenge kënnen op de Wee bréngen. An ech sinn iwwerzeegt, dass mer och do ganz séier wäerte virukommen. Do geet et ëm vill gudden Wëllen. An ech mengen, dass deem op béide Säiten do ass.

Wéi gesot, eng éischt Etapp, déi mer maachen. No där éischter Etapp, dat ass evident, mussen der nokommen. D'Reform vum Gemengegesetz, Syndikatsgesetz hat ech ugeschwat. Fir de Ministère de l'Intérieur awer genausou wichtig: den Établissement public vun de Rettungsdéngschter, deem um gudden Wee ass. Dat wësst Der. Den Avant-projet de loi gëtt an der Tëschenzäit vu villen Akteure ganz lieweg diskutéiert, a mir wäerten deem nach virun der

grousser Vakanz dem Regierungsrat presentéieren.

Dann d'Gemengefinanzreform, wou ech hoffen, dass mer kuerzfristeg zu Resultater wäerte kommen. An net zulescht, an d'Madame Modert hat et virdru schonn ugeschwat, d'Ëmsetze vum Reformpaket vun der Fonction publique och am Gemengesektor. A last but not least d'Ëmsetze vum Accord mat der kathoulescher Kierch, wou et ëm d'Ofschafe vum Dekret vun 1809 iwwert d'Fabriques d'églises geet.

Dat sinn am Fong déi Haaptthemen, mat deene mer beschäftegt sinn, a keent vun deenen Themen, ech betounen dat, keent vun deenen Theme ka vun uewen erof diskutéiert ginn, mä dat wäerte mer an Zesummenaarbecht mat dem Gemengesyndikat vum Syvicol maachen.

Et ass also vill Aarbecht, déi op eis waart. An ech hoffen op eng gutt Kollaboratioun hei vun der ganzer Chamber, fir am Intérêt vun engem gudden Zesummespill tëschent Stat a Gemengen an zum Wuel vun eise Bierger a vun eiser Ekonomie konkret kënnen virunzekommen.

Ech weess net, Här President, ob ech soll direkt Positiounen huelen zu deenen eenzelne Motiounen?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, dat wär wëschenswäert.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Wann dat gewënscht ass, da géif ech dat dann och direkt maachen.

Ech muss soen, dass ech déi éischt zwou Motiounen vun der CSV elo gelies hunn an zum Schluss komm sinn, dass do u sech oppen Dieren agerant ginn. Wann et drëms geet, e Service de contrôle tutélaire am Intérieur anzeféieren, kann ech lech soen, dass mer dat am Fong haut schonn hunn, nämlech, dass an deenen eenzelne Services oder Direktiounen vum Intérieur selbstverständlech gekuckt gëtt: Wat ass ze autoriséieren a wat ass net ze autoriséieren? An der Direktioun vum Aménagement communal ginn d'PAGen an d'PAPE gekuckt, déi approuvéiert ginn. An der Direktioun vun de Finances communales ginn alleguerten d'Taxereglementer gekuckt. An der Direktioun vun den Affaires communales ginn zum Beispill d'Police-reglementer gekuckt.

Also, esou e Service besteet an der Praxis schonn. En ass natierlech verdeelt iwwert déi eenzel Direktiounen. An et ass souwisou eis Ambitioun, wa mer an eng Reorganisatioun vum Intérieur kommen, dass ebe méi transversal zesummege schafft gëtt, dass mer déi Situatiounen, déi mer leider an der Vergaangenheet oft haten, dass déi eng Direktioun net mat där anerer geschwat huet, dass déi Dossieren, esou wéi den Här Roth et och schonn ugedeit huet, zum Deel souguer tëschent deenen eenzelnen Direktiounen verluer gaange sinn, dass mer dat évitéieren. An dat setzt natierlech viraus, dass déi Verantwortlech vun deenen Direktiounen do sech, ech wëll net soen all Woch, mä et muss ee scho bal soen all Dag zesummesetzen, fir gemeinsam un deene Projeten ze schaffen.

Also, wéi gesot, mat där Motioun kann ech à la rigueur liewen. Ech sinn allerdéngs der Meenung, dass ee muss den Detail dovunner klären, a proposéieren dofir, se vläicht nach eng Kéier an d'Kommissioun ze schécken, fir dass mer eis kënnen eens ginn, wat domadder konkret gemengt ass. An ech schléissen och net aus, dass aus deenen Diskussiounen eraus och Saache kommen, déi ech ganz gär bereet sinn, och mat an d'Reorganisatioun vum Intérieur eranzehuelen.

Bei där anerer Geschicht wollt ech soen - och bei där nämlecher Motioun -, dass ech am Fong frou sinn, dass d'CSV domadder eng Vue verléisst, déi an de Käpp awer vun eenzelne Leit an der Vergaangenheet bestanen huet, nämlech eng nei Administratioun ze schafen. Mir géifen engersäits d'Commissariats de district ofschafen an eng nei Administratioun amplazsetzen, déi dann amplaz vum Innenminister géif d'Tutelle iwwert d'Gemengen iwwerhuelen. Ech mengen, esou en Avant-projet de loi, deem hat ech a mengen Tiräng fonnt. An ech si frou, dass mer e Konsens hunn, dass dat net déi richteg Richtung ass an dass mer déi sollte verloossen.

Dofir, wéi gesot, et sollt een déi dote Motioun vun der CSV positiv kucken a se an der Kommissioun nach eng Kéier diskutéieren.

Wat déi zweet Motioun ugeet, do geet et jo, wann ech dat richteg verstanen hunn, drëm, nach eng Kéier driwwer ze diskutéieren, en double degré de juridiction fir d'Gemengen anzeféieren, eppes, wat ech och zu dësem Zäitpunkt a priori net wëllt ausschléissen. Ech wëllt just ze bedenken ginn, dass dat natierlech eng weider Prozedur ass, a si riskéiert natierlech och, d'Décisiounen an d'Längt ze zéien. Och dofir sinn ech der Meenung: Kommt, mir huelen

len eis déi néideg Zäit, fir dat dote kënnen a Rou ze diskutéieren!

An dat anert Element vun där Motioun war jo - sot mer et elo -,...

► **Une voix.** - Den Artikel 106 nach eng Kéier ze kucken.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - ...den Artikel 106 nach eng Kéier ze kucken. Och dat ass, mengen ech, eng ganz gutt Iddi. Dat sollte mer vläicht, wann Der domadder averstane sidd, an der Kommissioun maachen. Ech sinn do op, fir mat mer schwätzen ze loosse.

Ech wollt just nach vläicht, wann Der erlaabt, ee Wuert awer soen zu der Ausso vum Conseil d'État, wat d'Tutelle ugeet, déi net dierft en fonction vun der Parteikaart gemaach ginn. Ech wëllt lech hei eng Garantie ginn, dass ech esou ni fonctionnéiert hunn an och an Zukunft net wäert esou fonctionnéieren.

**(Interruption)**

Madame Arendt, ech fannen dat net fir ze laachen. Ech mengen, hei geet et ëm eng ganz seriösa Saach. An ech wär frou, wann Der och den zweeten Hallefsatz géift nolauschten. Dat géif lech da vläicht berouegen.

An ech hunn absolutt keen Ulass, drun ze zweifelen, dass och meng Virgänger dat zu kengem Moment gemaach hunn. An ech mengen, dass mer sollten och am Konsens weider un déi Fro do erugeen.

Et ass a mengen Ae wichteg, dass en Innenminister och seng politesch Verantwortung iwwerhëlt vis-à-vis vun de Gemengen, och wat d'Tutelle administrative ugeet, och wa mer der Meenung sinn, dass d'Tutelle wesentlech kann erweidert (veuillez lire: reduzéiert) ginn. Et wäerten zwee Beräicher ginn, soen ech och elo schonn, wou mer d'Tutelle wäerte bäibehalen: Dat ass dee vum Aménagement communal an dat ass dee vun de Finance communales. An et ass wichteg, dass eng demokratesch legitiméiert Regierung och d'Tutelle doriwwer behält an dat net ofgeschobe gëtt bei iergendwelch Beamte vum Stat. Dat ass op jidde Fall d'Meenung vun dëser Regierung an do sti mer och fest hannendrun.

Ech weess net, ob ech nach eppes soll zu där Motioun vum Här Gloden soen, Här Minister (veuillez lire: Här President), well ech mengen, dass se vläicht gutt gemengt ass an dass ech mat deenen allgemenge Bemierkunge vun der Dezentraliséierung och ganz direkt averstane sinn. Dir hutt ganz vill vu Rumeure geschwat. Ech weess net, ob et eng gutt Iddi ass, opgrond vu Rumeure Motiounen hei an der Chamber ofzestëmmen.

Ech weess aus Diskussiounen, déi ech mam Policeminister hat, dass hie jiddefalls net der Meenung ass, dass een elo soll, ouni dass ee mat de Gemenge geschwat huet, Policekommissariater zoumaachen. Ech weess, dass mer d'Naturschutzverwaltung wëllen op Dikrech verleeën. Ech mengen, och doriwwer gëtt et schonn Diskussiounen. Ech weess, dass eng Waasserverwaltung um Belval fonctionnéiert. Mir sinn also do um gudden Wee, fir d'Dezentraliséierung am Land weiderzedreien. An ech sinn also éischter der Meenung, dass déi Motioun, éischstens, net hei an dës Debatt erapast an dass se, zweetens, mengen ech, och oppen Dieren arennt an ech do éischter der Meenung sinn, dass mer déi dofir net brauchen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Minister. Domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen zum Projet 6711 ukomm. A mir géifen direkt zur Ofstëmmung iwwergeen.

**(Interruption)**

Ah, jo. Här Wiseler!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech wollt just nach eppes zur Clarificatioun soen, well mir hunn elo gutt nogelauscht, wat den Innenminister gesot huet, notament iwwert déi zwou Motiounen, déi den Här Roth am Numm vun der CSV-Fraktioun déposéiert huet.

Wann ech dat richteg verstanen hunn, huet den Innenminister bei deenen zwou Motiounen proposéiert, se an d'Kommissioun weiderzeginn. A wann ech och nach richteg verstanen hunn, huet den Innenminister proposéiert, och déi Diskussioun, déi mer an der Kommissioun haten iwwert de Sujet vun der Liste vun den Délibératiounen, wou d'Tutelle pillt, de Service tutélaire an den double Degré de juridiction op eng positiv a konstruktiv Aart a Weis an och mat enger richteger positiver Approche ze begleeten, quitte datt ee sech iwwert d'Detailer nach muss eens ginn.





Wann ech dat richteg verstanen hunn, kënnen mer, éischstens, domadder d'accord sinn, fir déi Motiounen an d'Kommissioun ze verweisen an, zweetens, fir den Text och mat ëmzeänneren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Mir géifen dann awer elo iwwert de Projet ofstëmmen an dann herno op d'Motiounen zrëckkommen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6711 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung ass amgaangen. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

Mir hu 60 Deputéiert, déi sech direkt oder indirekt um Vote bedeelegt hunn: 60-mol Jo. Domadder ass de Projet unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Cécile Hemmen), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

An ech ginn dovun aus, dass Der dermat d'accord sidd, fir d'Dispens ze ginn?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou décidéiert.

**Motions 1 et 2**

Zu de Motiounen 1 an 2 läit eng konkret Proposition vir, déi och vun den Auteurs akzeptéiert ginn ass. Iwwert déi bräichte mer also net ofzestëmmen a géife se an d'Kommissioun verweisen.

**Motion 3**

Zu der drëtter Motioun huet d'Regierung Stellung geholl. Weider Stellungnahmen?

**(Négation)**

Dat ass net de Fall.

Da géife mer zur Ofstëmmung iwwergoen.

**Vote sur la motion 3**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

26-mol Jo, 32-mol Neen an 2 Enthaltungen. Domat wär d'Motioun verworf.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par M. Laurent Mosar), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.

A mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass d'Proposition de loi 6665 iwwert d'Ofhale vun engem Referendum iwwert den Tram. Déi Diskussioun leeft nom Basismodell. D'Wuert huet de Rapporteur, den Här Alex Bodry.

**10. 6665 - Proposition de loi relative à l'organisation d'un référendum national sur la participation du budget de l'État dans le financement d'une ligne de tramway à Luxembourg**

**Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle**

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.** - Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei där Proposition de loi 6665 vum Deputéierte Roy Reding geet et ëm d'Organisatioun vun engem nationale Referendum iwwert d'Bedeelegung vum Stat am Finanzement vun enger Tramslinn zu Lëtzebuerg.

Dëse Gesetzesvorschlag ass den 12. Mäerz 2014 abruucht ginn. An d'Gesetz, op dat sech den Text bezitt, ass de 4. Juni 2014, also knapp zéng Woche méi spéit, hei an der Chamber mat grousser Majoritéit ugeholl ginn. De Finanzéierungsprojet fir déi Tramslinn do hat de Jo vu 56 Deputéierten hannert sech; Neen: dräi Deputéierter, bei enger Enthaltung.

Dee Gesetzesprojet, deen also mat grousser Majoritéit am Juni 2014 gestëmmt ginn ass, betrëfft de Finanzement vun enger Tramslinn vun der Stater Gare op d'Luxexpo um Kierchbiere. Den Auteur vun der Proposition de loi, dat gesäit een an dem Exposé des motifs, wëllt, dass e Referendum zu där doter Fro organiséiert gëtt, ënner anerem och, well e skeptesch géintiwier der Iddi vun deem doten Tram steent.

D'Stellungnahm vun der Regierung ass gläich nom Dépôt komm, schonn de 4. Juni 2014. A si huet dobäi op de Regierungsprogramm vun där Koalitioun 2013 verwisen, wéi och op den État de la nation, wou all Kéiers deen Tramsprojet als politesch Prioritéit ugewise ginn ass. An doropshin erkennt d'Regierung och net d'Opportunitéit un, fir opgrond vun där klorer politescher Situatioun, de kloer politeschen Aussoen, déi och am Virfeld vun der Debatt ronderëm deen Tramsprojet gefouert gi sinn, d'Wieler per Referendum ze konsultéieren.

De Statsrot huet säin Avis de 15. Mäerz dëst Joer ginn, 2015, dat heescht néng Méint nom Vote vun deem Tramsgesetz. Et muss een also haut feststellen, dass schonn zum Moment vun Avis vum Statsrot dat Gesetz a Kraaft war an och schonn deelweis an der Exekutioun war.

Traditionsgeméiss geet de Statsrot bei esou Propositions de loi, och wann et sech ëm de Referendum handelt, net op d'politesch Opportunitéit vun esou enger Initiativ an. Hie verweist allerdéngs a senger Stellungnahm op den Ausnahmecharakter vun enger direkter Wierlberfroung an enger parlamentarescher Demokratie, wéi mer se zu Lëtzebuerg hunn a wéi se och an eiser Verfassung am Artikel 51 (1) verankert ass. Der Meenung vum Statsrot no muss also u sech d'Décisioun vun der Chamber zu engem Projet d'Regel bleiven, an e Referendum kann nëmmen eng Exceptioun sinn.

Doriwwer eraus kritiséiert de Statsrot a sengem Avis zu där Proposition de loi vum Här Reding den zweeditege Charakter vun där formulierter Fro: Geet et hei ëm de Prinzip vum Tram, geet et ëm eng spezifesch Linn, déi viséiert ass mat der Proposition de loi, oder ass et den ëffentleche Finanzement vun deem Tram, deen hei haaptsächlech soll Géigestand vum Referendum sinn?

E seet also, dass d'Fro misst deemno ëmformuléiert ginn, wann d'Chamber der Meenung wär, dass et opportun wär, fir op de Wee vun engem Referendum iwwert den Tram ze goen. An e weist och drop hin, dass et net duergeet, fir einfach en Délai dranzesetzen, wéini dass soll e Referendum stattfannen, mä dass ee muss e präzisen Datum vum Referendum virgesinn, wéi dat och an der Praxis an der Vergaangenheet de Fall war, wa mer op deen dote Wee hei zu Lëtzebuerg gaange sinn.

D'Kommissioun, et ass d'Kommissioun vun den Institutionen an der Verfassungsreform, huet den 18. Mäerz iwwert de Fong vun där Proposition de loi diskutéiert. Si huet mech als Rapporteur bestëmmt. A mäi Rapport gouf den 1. Juli an der zoustänneger Kommissioun ugeholl, an zwar eestëmmege. D'Kommissioun huet sech net mat dem präzise Wuertlaut vun der Proposition de loi beschäftegt, wat d'Formulatioun

tion vun der eigentlecher Referendumsfro ugeet, well se sech prinzipiell géint esou en nationale Referendum zu deem dote Sujet ausgeschwat huet, soudass et also net néideg ass, fir am Detail d'Formulatioun ënnert d'Lupp ze huelen.

Firwat huet se dat gemaach? Ma et muss een zrëckgoen, mengen ech, op eng Diskussioun, déi elo praktesch zënter Jorzéngten hei zu Lëtzebuerg leeft. Well zënter 1992 gëtt hei zu Lëtzebuerg iwwer en neit Transportmëttel, en Tram, debattéiert an och gestriden. A successiv Regierung, iwwer successiv Debatten och hei an der Chamber an an de Wahlprogrammer vun deene verschidde Parteien ass deen Tramsprojet entwéckelt an eigentlech och bestätegt ginn.

Zënter 2005-2006 steet d'Konzept vun engem lichte Tram an der Stad, deen den ursprüngeleche Projet vum BTB-Bahnhybrid aus den 1990er Joren ersat huet. De Projet steet eigentlech och zënter enger grondsätzlecher Debatt, déi mer hei an där Chamber an där Period 2005 an 2006 gefouert hunn.

Nach virun de Wahlen vum Oktober 2013, also nach während der leschter Legislaturperiod, huet den deemolegen Nohaltegekeetsminister vum Regierungsrat gréng Luucht kritt, fir de Finanzéierungsprojet fir déi Tramslinn Gare-Lëtzebuerg-Luxexpo-Kierchbiere ze deponéieren. En ass, wéi scho gesot ginn, hei vun der Chamber plébicitéiert ginn - net den deemolege Minister, awer de Finanzéierungsprojet -, well hei iwwer 90% vun den Deputéierten hire Jo zu deem Tramsprojet abruucht hunn.

D'Kommissioun war der Meenung, dass d'Wieler also genuch an ausreechend informéiert waren, dass genuch an ausreechend an déif debattéiert ginn ass iwwer laang Joren, wat deen Tramsprojet ugeet a wat d'Positiounen vun deenen eenzelne Parteien ugeet. An och wann een e Bléck an d'Parteiprogrammer werft vun 2009, awer besonnesch och vun 2013, da muss ee feststellen, dass mat Ausnahm vun der ADR sämtlech aner Parteien sech an hire Programmer onëmverständlech fir en Tramsprojet fir Lëtzebuerg ausgeschwat hunn, soudass een also net ka vun engem Iwwerraschungsmoment schwätzen an där heiter Diskussioun, déi sech, wéi gesot, schonn iwwer Jorzéngten hinzitt, mä dass d'Positiounen vun de Parteien am Virfeld ganz kloer waren.

Et muss een och nach derbäifügen, dass dee Referendum, deen hei proposéiert ass, jo op Basis vum Artikel 51 (7) vun eiser Verfassung stattfënnt an no der gängeger Interpretatioun nëmmen e konsultative Charakter kann hunn, esou wéi eis Verfassung momentan formuléiert ass a wéi d'Interpretatioun, zumindest déi mehrheetlech Interpretatioun, vum Verfassungstext ass. Soudass mer hei an där spezieller Situatioun sinn, dass mer op där enger Säit e gestëmmt Gesetz hunn, wat schonn an der Exekutioun ass, an doniewent e konsultative Referendum hei géifen duerno organiséieren, dee jo dann automatesch dat Gesetz net géif ausser Kraaft setzen, och wa sech do, deemno wéi d'Fro gestallt wär, e Jo oder en Nee géif duerchsetzen, wat also och zu grousser rechtlecher Komplikatiounen géif féieren.

D'Kommissioun gesäit also opgrond vun deene kloeren Aussoen, déi all d'Kandidaten an d'Parteien am Virfeld vun de Wahlen gemaach hunn, a vum Fait, dass eigentlech dee Vote vun der Chamber vun 2014 an der Linn läit vun deenen Aussoen, déi all d'Parteien virun de Wahlen gemaach hunn, kee Grund, fir hei an deem heite spezifesch Fall op de Wee vun engem nationale Referendum zrëckzegraifen. Hei hunn d'Parteien dat ëmgesat, wat se eigentlech am Virfeld vu politeschen Positiounen och haten.

An et kann een dovunner ausgoen, dass also och ee vun de Kritären, no deenen d'Wieler sech entscheet hunn, wat fir enge Parteien a wat fir enge Kandidaten se hiert Vertraue géife ginn, och zesummegehaangen huet mat där Positioun, déi d'Parteien an där doter Fro onëmverständlech virun deene leschte Wahlen geäussert hunn. A mir waren also der Meenung, dass et am Kader vun enger parlamentarescher Demokratie dann och richteg ass, dass d'Chamber dann an deem heite Fall kloer a folgerichtig zu den Aussoen, déi se virdu gemaach huet, hir Décisioun hei geholl huet.

Aus all deenen Iwwerleeungen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, recommendéiert also d'Institutionskommissioun eestëmmege, fir déi Proposition de loi vum Här Reding hei ofzelenen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo direkt den Auteur vun der Proposition de loi, de Roy Reding.

**Présentation**

► **M. Roy Reding (ADR), auteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir

d'Éischt wollt ech dem Alex Bodry Merci soe fir säi faktuell korrekt Rapport, och wann ech natielerlech inhaltlech net dermat d'accord sinn. An ech wollt och der Conférence des Présidents Merci soen, dass ech d'Geleeënheet hei kréien, an enger seriöser Riedezäit dee Projet, deen ech hei am Nimm vun der ADR abruucht hunn, därferen ze verteidegen, och wann iwwer en negative Vote keen Zweifel därft bestoen.

Meng Partei ass, wéi scho gesot ginn ass, der Meenung, dass de Bau vum Tram an der Stad respektiv seng Finanzéierung duerch de Statsbudget hält sollen engem Referendum ënnerworfen ginn. Firwat mir géint den Tram sinn an e fir déi gréisst Feelinvestitioun vum Jorhonnert halen, hu mer zur Genüge duergeluecht. Ech wëll och guer net op déi Argumenter agoen.

Keent vun eisen Argumenter gouf bis elo, a mengen Aen, entkräfft. Am Contraire, wat déi Saach méi wäit gedeiht, wat mir ëmmer méi kloer gesinn, dass der ADR hir Positioun richteg war an de Citytunnel déi besser Léisung gewiescht wier.

Nodeem awer eng kloer Chambersmajoritéit fir deen an eisen Ae falschen an iwwerdeierte Projet sech erauskristalliséiert huet, wollt mir dem Vollek d'Recht zrëckginn ze decidéieren. A genau dat heescht e Referendum, vum Laténgeschen „re“: zrëck an „fere“: droen, bréngen; déi gewielte Volleksvertreter bréngen dem Souverän, dem Vollek, de Wieler, d'Recht zrëck ze decidéieren.

Domat entkräften ech och dat éischt Argument vun der Pro-Tram-Majoritéit hei am Haus, et wier ofgestëmmt ginn an domadder wier d'Bir geschéit. Dat ass net richteg.

Et gouf gesot, mir hätten déi heite Proposition de loi ze spéit agereecht. Och dat ass net richteg.

Mir hu schonn de 4. Februar 2010 eng éischt Proposition de loi hei déposéiert fir e Referendum iwwert de Choix: Citytunnel oder Tram? Dat ass wouer, de Conseil d'État huet deemools Oppositiounen soulevéiert. Dat ass ganz richteg, mä et ass och net manner richteg, dass d'Chamber entre-temps gewinnt ass, op esou Oppositiounen vum Conseil d'État ze reagieren an den Text entsprechend ze änneren. Dat hätten an där zoustänneger Kommissioun kënnen geschéien, wann een dat gewollt hätten.

Méi spéit, och net ze spéit, huet eis ADR-Gemengeconseillère an der Stad Lëtzebuerg, d'Marceline Goergen, eng Motioun am Stater Gemengerot erabruucht a gefrot, d'Stad sollt e kommunale Referendum duerschféieren. Och hatt ass gescheitert un de Stëmme vu sämtlechen anere Parteien: LSAP, DP, déi gréng, CSV an déi Lénk.

Zu gudder Lescht gouf eis virgehäit, firwat dass mir net selwer e kommunale Referendum provozéiert hätten, wat mer jo hätte kënnen maachen op Basis vum Artikel 35 vun der Loi communale, deen allerdéngs virgesäit, dass ee muss e Fënneftel vun de Wieler hanner sech hunn, fir esou e kommunale Referendum ze erzwingen. An der Stad hate mer - dat sinn elo d'Zuele vum Referendum vum 7. Juni - 30.096 Wieler. Dat heescht, esou eng Aktioun hätten misse 6.020 Stëmme vun agedroene Wieler an der Stad Lëtzebuerg hanner sech bréngen. Dat wier eng Herkulesaufgab gewiescht fir eng kleng Partei wéi eis.

Schlussendlech, an dat huet de Rapporteur ganz richteg gesot, hunn ech des Proposition de loi méi wéi zwee Méint virum Vote iwwert den Tramsprojet ofginn. Dat heescht, och du war nach Zäit, fir ze soen: Ma kommt, mir froen de Wieler!

Net ze spéit, mä éischer ze séier, huet par contre eis Regierung geschoss, an dorënner de Bauhär Luxtram SA, dee Aarbechten ugefaangen huet, notament Ofholzungen, ier d'Consultation publique nom Artikel 11 vum Gesetz vum 29. Mee 2009 concernant l'évaluation des incidences sur l'environnement humain et naturel de certains projets routiers, ferroviaires et aéroportuaires duergeluecht gouf. Et ass schued, dass elo kee vun der Regierung do ass, mä ech hat awer d'Geleeënheet virdu am Couloir, dem Justizminister ze soen, e soll dem Parquet soen, do wier eventuell eng Plainte, déi sech géif imposéieren.

Et gëtt gesot: „Dir kënt elo kee Referendum maachen, mir hunn ofgestëmmt.“ Dat ass falsch. Selbstverständlech kann e Referendum suspensiv oder och abrogativ sinn. An deem éischte Fall gëtt e Gesetz, wat nach net a Kraaft getrueden ass, suspendéiert, bis de Souverän, de Wieler, et confirméiert huet. Esou ee Verfahren géif eis, denken ech, hei an der Chamber heiansdo gutt zu Gesiicht stoen, wa mer eis éierlech bewosst sinn, dass déi parlamentaresch Majoritéit a wichtige Froen net ëmmer onbedéngt dem Volleks-, also dem Wielerwëllen entsprécht.